

den Instanzewee ze kréien an dee  
Projet ka jo vläicht eng Kéier séier  
gestëmmt ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskus-  
sioun ass elo ofgeschloss a mir  
kommen zur Lecture vun den Arti-  
kele vum Projet de loi 5143A a  
stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi  
(par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an uge-  
holl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir  
stëmmen elo of iwwert dee virleien-  
de Gesetzesprojet.

**Vote sur l'ensemble du projet de  
loi et dispense du second vote  
constitutionnel**

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi der-  
géint si mat Neen oder si enthale  
sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg  
ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Nancy Arendt,  
Marie-Josée Frank, MM. Marcel  
Glesener, Jean-Marie Halsdorf,  
Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-  
Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme  
Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick  
Santer (par M. Théo Stendebach),  
Marcel Sauber, Marco Schank,

Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM.  
Théo Stendebach, Nicolas Strotz  
(par Mme Nancy Arendt), Fred  
Sunnan, Lucien Weiler (par M. Ni-  
co Loes), et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-  
not Belling), MM. Jeannot Belling,  
Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emi-  
le Calmes, Mme Agny Durdu, MM.  
Gusty Graas, Paul Helminger (par  
M. Emile Calmes), Alexandre  
Krieps (par M. Niki Bettendorf),  
Mme Maggy Nagel (par M. Xavier  
Bettel), MM. Jean-Paul Rippinger,  
et John Schummer (par Mme Agny  
Durdu);

MM. Jean Asselborn (par M. Jos  
Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady  
Delvaux-Stehres, M. Mars Di Barto-  
lomeo (par M. Marc Zanussi), Mme  
Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-  
Pierre Klein, Jeannot Krecké (par  
M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme  
Lydia Mutsch (par Mme Mady Del-  
vaux-Stehres), MM. Jos Scheuer,  
Georges Wohlfart (par Mme Lydie  
Err) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibé-  
ryen, Fernand Greisen, Jacques-  
Yves Henckes, Aly Jaerling (par M.  
Fernand Greisen), Jean-Pierre  
Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gi-  
ra, Jean Huss (par Mme Dagmar  
Reuter-Angelsberg), Mmes Dag-

mar Reuter-Angelsberg et Renée  
Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum  
zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

**4. 4937 – Projet de loi  
portant approbation de  
la Convention interna-  
tionale pour la répres-  
sion des attentats ter-  
roristes à l'explosif,  
adoptée par l'Assem-  
blée Générale des Na-  
tions Unies, le 15 dé-  
cembre 1997 (suite)**

Dann hu mer nach iwwer e Projet  
ofzestëmmen. Do hate mer d'Lec-  
ture vun den Articlele scho ge-  
maach. Et ass de Projet de loi  
4937.

**Vote sur l'ensemble du projet de  
loi et dispense du second vote  
constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo,  
déi aner mat Neen oder si enthale  
sech.

De Projet de loi ass mat 51 Jo-  
Stëmmen a 5 Abstentiounen uge-  
holl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt,  
M. Lucien Clement (par M. Jean-  
Marie Halsdorf), Mme Marie-Josée  
Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-  
Marie Halsdorf, Norbert Hauptert,  
Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Lau-  
rent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-  
Faber, MM. Patrick Santer (par M.  
Théo Stendebach), Marcel Sauber,  
Marco Schank, Jean Spautz, Mme  
Nelly Stein, MM. Théo Stendebach,  
Nicolas Strotz (par Mme Nancy  
Arendt), Fred Sunnen, Lucien Wei-  
ler (par M. Nico Loes) et Claude  
Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-  
not Belling), MM. Jeannot Belling,  
Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emi-  
le Calmes, Mme Agny Durdu, MM.  
Gusty Graas, Paul Helminger (par  
M. Gusty Graas), Alexandre  
Krieps, Claude Meisch (par M. Niki  
Bettendorf), Jean-Paul Rippinger et  
John Schummer (par Mme Agny  
Durdu);

MM. Jean Asselborn (par M., Ben  
Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Del-  
vaux-Stehres, M. Mars Di Bartolo-  
meo (par Mme Lydie Err), Mme Ly-  
die Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre  
Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex  
Bodry), Lucien Lux, Jos Scheuer,  
Georges Wohlfart (par M. Jean-  
Pierre Klein) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibé-  
ryen, Fernand Greisen, Jacques-

Yves Henckes, Aly Jaerling (par M.  
Fernand Greisen), Jean-Pierre  
Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François  
Bausch, Camille Gira, Jean Huss  
(par Mme Dagmar Reuter-Angels-  
berg) Mmes Dagmar Reuter-  
Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum  
zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wä-  
ren dann um Enn vun eiser Sitzung  
ukomm. De Punkt Nummer 1 iwwert  
den Équipement militaire, deen am  
Fong geholl och virgesi war fir  
haut, ass op muer de Mëtteg ver-  
luecht. De Minister ass aus be-  
ruffleche Grënn verhënnert derbäi  
ze sinn. Mir géingen deen da muer  
de Mëtteg behandelen.

Déi nächst Sitzung ass haut de  
Mëtteg a fänkt um hallwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à  
10.53 heures)**

**Ordre du jour**

- 5195 - Projet de loi relatif à la construction d'un nouveau  
Laboratoire National de Santé à Dudelange  
(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discus-  
sion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et  
dispense du second vote constitutionnel - Motion)
- 5207 - Projet de loi relatif au réaménagement des bâti-  
ments du Lycée et Collège Vauban à Luxembourg-Lim-  
pertsberg  
(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discus-  
sion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et  
dispense du second vote constitutionnel)
- 5209 - Projet de loi relatif à l'agrandissement et au ré-  
aménagement du Lycée technique de Lallange à Esch-  
sur-Alzette  
(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discus-  
sion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et  
dispense du second vote constitutionnel)
- 5210 - Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment  
pour le Centre de recherche public „Gabriel Lippmann“  
sur la friche industrielle de Belval-Ouest y compris l'ac-  
quisition des équipements spéciaux et l'aménagement  
des alentours  
(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discus-  
sion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et  
dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Erna Hennicot-  
Schoepges et Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Carlo  
Wagner, Ministres.

**(Début de la séance publique à 14.32 heures)**

M. le Président.- D'Sitzung  
ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunika-  
tioun ze maachen?

**(Négation)**

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da komme mer elo zur Diskussioun  
vum Projet de loi 5195 iwwert de  
Bau vun engem neie Laboratoire  
zu Diddeleng. D'Riedezäit ass nom  
Modell 2 festgehalen. Et si schon  
agedroen: d'Madame Arendt, déi  
Hären Di Bartolomeo, Bettendorf,  
Mehlen, Huss a Fayot. D'Wuert  
huet elo de Rapporteur vum Projet  
de loi, den honorabelen Här Fred  
Sunnan.

**1. 5195 - Projet de loi  
relatif à la construction  
d'un nouveau Labora-  
toire National de Santé  
à Dudelange**

**Rapport de la Commission des  
Travaux publics**

M. Fred Sunnen (CSV), rap-  
porteur.- Här President, Dir Dam-  
men an Dir Hären, dee Projet, mat  
deem mir haut de Mëtteg befaasst  
sinn, dréit sech ëm de Bau vun en-  
gem neie Laboratoire National de  
Santé zu Diddeleng.

De Projet ass den 19. August vun  
der Bauteministesch Madame Erna

Hennicot-Schoepges hei an der  
Chamber déposéiert ginn. De 16.  
Oktober huet d'Kommissioun an hi-  
rer Sëtzung mech als Rapporteur  
bestëmmt, an an därselwechter  
Sëtzung ass den Avis vum Statsrot,  
deen den 23. September vun de-  
sem Joer agaange war, op Häerz  
an Niere gepréift ginn.

De Laboratoire National de Santé  
ass am Moment an engem Gebai  
um Verluerekascht ënnerbruecht,  
dat 1960 a Betrib geholl ginn ass.  
Am Laf vun der Zäit hunn d'Mis-  
siounen an d'Aufgabeberäicher  
vun deem Labo därmoossen évo-  
luéiert, dass et zu engem akute  
Plazmangel um Verluerekascht  
komm ass. A verschidde Labora-  
toiré mussen aacht Persounen mat  
hiren Équipement op enger Fläch  
vu 46 m² zesumme schaffen. De  
Plazmangel ass därmoossen akut,  
dass de Moment d'Sectioun vun  
der Hématologie an der Immunolo-  
gie a Containeren ënnerbruecht  
sinn. Ausserdeem geet aus dem  
Rapport vum Inspecteur général  
de la santé ervir, dass d'Räimlech-  
keete vum Laboratoire net méi den  
heitegen erfuerderlechen hygie-  
neschen a sécherheetstechnesche  
Kritären entsprechen.

Fir dass de Laboratoire National de  
Santé och an Zukunft senge Mis-  
siounen als Kontroll- a Medezinla-  
boratoire nokomme kann, huet mis-  
sen iwwert de Relogement vun de  
bestoende Gebaier nogeduecht  
ginn. De Projet de loi gesäit deemo-  
no vir, dass den neie Laboratoire  
National de Santé op Diddeleng an  
eng nei Zone d'activité gebaut  
gëtt, déi sech an der Emgéigend  
vun der Collectrice du Sud be-  
fënnt. Dësen Neibau wäert et dem  
Labo erlaben, seng aktuell an  
zukünfteg Missiounen vum Contrôle,  
der Diagnostik sou wéi der Zesum-  
menaarbecht mat der Fuerschung  
ze erfüllen. An enger spéiderer  
Phas ass ausserdeem de Bau vun  
engem Veterinär- sou wéi vun en-  
gem Waasser- an Emweltlabora-  
toire um selwechte Site geplangt.

Här President, erlaabt mir méi am  
Detail op déi zukünfteg Aktivitéiten  
a Missiounen vum neie Laboratoire  
anzegoen. Déi éischt a klassesch  
Missioun ass de Contrôle vun de  
Medikamenten an de Liewensmët-  
tel. D'Missiounen vum Service de  
contrôle des médicaments ëmfaas-  
sen divers Aktivitéiten wéi beispills-  
weis d'Analys vun der pharmako-  
chemescher Qualitéit vum Medika-  
ment, wëssenschaftlech Évalua-  
tiounen, Autorisationsprozedure  
fir de Marché sou wéi d'Entwéck-  
lung vun neien Analysmethoden.  
Ausserdeem schafft dëse Service  
enk mat der Agence européenne  
de l'évaluation des médicaments,  
dem Conseil de l'Europe an der Or-  
ganisatioun Mondiale de la Santé  
zesummen.

D'Divisioun vun der Liewensmët-  
telkontroll assuréiert déi analytesch  
Kontroll a bedreift zum Deel Fue-  
schung. Zil ass, d'Liewensmët-  
tel op gesondheetsschiedlech Sub-  
stanzen ze präifen, d'Qualitéit vun  
de Liewensmët-  
tellen ze analyséieren an de Ver-  
braucher ze schüt-  
zen.

Wat d'Fuerschung an deem Ser-  
vice ugeet, ass d'Haaptzil quantita-  
tiv a qualitativ Détektiounsmethode  
fir genetesch modifizéiert Organ-  
ismen ze entwéckelen, déi an de-  
nen nächste Joren op de Maart  
wäerte kommen.

Eng zweet Missioun vum Labora-  
toire sinn déi sou genannten dia-  
gnostesch Aktivitéiten. Dës dia-  
gnostesch Aktivitéiten ëmfaassen  
zéng verschidde Gebitter: D'Ana-  
tomie pathologique, d'Cytologie  
clinique, d'Chimie biologique,  
d'Hématologie, d'Bactériologie,  
d'Sérologie, d'Virologie, d'Cytogé-  
nétique, d'Toxicologie an d'biolo-  
gesch lwwerwaachung.

D'Kollaboratioun mat Missiounen  
vun der Santé publique, déi am Ka-  
der vun nationalen an internationa-  
le Programmer gefouert ginn, ass  
eng weider Missioun, déi den neie  
Laboratoire an Zukunft erfëlle  
wäert. Dës Missiounen bezéien sech  
haaptsächlech op den Diagnostik  
an d'Analyse épidémiologique, dat  
heescht op d'Erfuerschung an  
d'Analys vu Seuchen an Epide-  
mien.

Dës Etüden iwwert d'Heefegkeet  
an déi geographesch Verdeelung  
vu Krankheete lafen an Zesum-  
menaarbecht mat de Servicer vun  
der Santésdirektioun, de Vete-  
rinärsservicer an de Kliniken.

Eng lescht Missioun vum Labora-  
toire sinn d'Fuerschung an den  
Enseignement. D'Recherche ass  
enorm wichteg fir de wëssen-  
schaftlechen Niveau an der Biolo-  
gie no vir ze bréngen. An deem  
Punkt gëtt ënner anerem op eng  
Zesummenaarbecht mat der Uni  
Lëtzebuerg higeschafft. Sou ass  
zum Beispill virgesinn, en Doktorat  
an der Immunologie an an der Mo-  
lekularbiologie a Kollaboratioun  
mat enger auslännescher Universi-  
téit ze organiséieren.

Dir Dammen an Dir Hären, wat elo  
de Bau vum neie Laboratoire ube-  
laangt, sou ass scho wéi gesot en  
Terrain am Norde vun Diddeleng  
an enger neier Zone d'activité vir-  
gesinn an der Géigend vun der  
Collectrice du Sud. De Verantwor-  
teleche vun der Gemeng Diddeleng  
no solle sech an Zukunft an dëser  
Zone d'activité héichwäerteg Betri-  
ber nidderloossen, déi net nëm-  
men der Gemeng, mä och dem La-  
boratoire zegutt kommen. D'Ges-  
amtfläch vun deem Terrain be-  
dréit 4,5 ha, an d'Bebauungsfläch  
eng ronn 15.000 m². Dësen Terrain  
ass grouss genuch, fir och nach  
zukünfteg Bauten op deem Site  
ze realiséieren.

Well sech e Laboratoire duerch  
seng Funktioun auszeechent a säi  
Fonctionnement permanent annere  
kann, gëtt ee ganz funktionellt a  
flexibelt Gebai opgeriicht. D'Gebai  
gëtt an zwee Deeler opgespléckt.  
D'Haaptgebai huet eng Gréisst vun  
90 op 25 Meter an ëmfaasst siwe  
Stäck. D'Niewegebai miesst 90 op  
35 Meter mat dräi Niveauen. An  
dës Gebaier kommen haaptsäch-  
lech Laboratoiren, déi no verschid-  
de Sécherheetskritäre gebaut mus-  
se ginn. An deem Kontext ënner-  
scheet een tësche Laboratoiren  
aus der Kategorie L1, wou keen  
Ustiechungsrisiko besteet, a Labo-  
ratoiren aus der Kategorie L2, mat  
enger lichter Ustiechungsgefor.  
Dës zwou Kategorië kréien um  
Konstruktionsniveau déiselwecht  
Aménagementen, Ennerscheeder



gëtt et nëmmen um Niveau vun den Équipementer, der technescher Apparatur an de Sécherheitsvirschréften.

Ausserdeem kënn an de Laboratoire National de Santé och eng Unitéit mat Sécherheitsniveau L3. Dëse Laboratoire gëtt speziell aménagéiert, well do mat geféierlechen an héich ustiechende Bakterien a Substanze geschafft gëtt. Dëse Raum gëtt mat enger performanter Lüftung équipéiert; de Recycling vun der Loft ass verbueden, well et sech ëm e biologesche Laboratoire handelt. Niewent deene spezifesch Laboratoire kommen awer och nach aner Raimlechkeeten an den LNS dran: Eng Liwwerungszon, ee Lager fir geféierlech Produiten, wéi zum Beispill Hydrogène a Léisungsmëttelen, eng Morgue mat enger Structure d'accueil fir d'Familljen, sou wéi Gemeinschaftsraum, Cafeteria, Bibliothék an e grouss multifunktionelle Sall.

Vum organisatoresche Plang hier gëtt de Laboratoire National de Santé an zwee ënnerschiddlech Établissementer opgedeelt. Engersäits den Institut National de Contrôle de Santé mat eelef verschidde Servicer an anersäits den Institut National de Pathologie, d'Hygiène et de Santé publique mat zwee Servicer. All Établissement huet eng autonom Administration an Direktioun. Duerch déi funktionell Bauweis an deene flexibelen Aménagementer vun deene verschiddene Laboratoire ginn Effets synergiques wéi zum Beispill déi gemeinsam Notzung vun deieren Apparater favoriséiert.

Well an dësem Gebai haaptsächlech Laboratoiren ënnerbruecht ginn, sinn technesch a Sécherheitsvirschréfte méi streng wéi dat bei anere Bauten de Fall ass. Fir den Ufuerderungen a Saachen Aarbechtsrecht ze entsprechen, komme behënnertegerecht Toiletten, Vestiaires, Duschen, eng Kichen an en Entpaanungsraum fir 180 Mataarbechter an dat neit Gebai.

Ausserdeem sinn iwwerall onbrennbar Installatiounen virgesinn. D'Ofwaasser aus de Laboratoire gi besonnesch a gesonnt opgefaangen, dann thermesch a chemesch traitéiert, eier se an dat öffentliche Ofwaassernetz geleet ginn. Eng fräi Circulatioun vun der Loft an deene verschiddene Laboratoiren ass net méiglech. Wéinst de speziellen hygienesche Virschréften gëtt op eng mechanesch Belëftung zrëckgegraff. Déi dräi Typé vu Laboratoiren, déi ech genannt hunn, L1, L2 an L3, kréien deemno verschidde Belëftungsanlagen. Well an de Laboe ganzjähreg eng stabel a predefiniéiert Atmosphère virherrsche muss, ginn all Laboratoire klimatiséiert. Déi verschidde speziell Flëssegkeeten a Gasen, déi fir d'Analyse gebraucht ginn, ginn dezentraliséiert installéiert. Wat elo den Detail vum Bau a vun den hygieneschen an techneschen Installatiounen ugeet, sou kann een déi am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi liesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an engem leschte Punkt wollt ech nach op deen éischten Équipement vun dem neie Laboratoire National de Santé agoen. An der Regel mussen Équipementer an engem Laboratoire all sechs Joer ersat an erneiert ginn. Den Devis estimatif gesäit vir, dass beim Transfert vum Laboratoire op Diddeleng 40% vun den Apparater ersat wäerte ginn. Fir den zukünftige Missiounen vum neie Laboratoire Rechnung ze droen, ginn ausserdeem eng Rei héich spezialiséiert Équipementer ugeschafft. Dës Acquisitiounen sinn indispensable fir de Fonctionnement vum Laboratoire, dee jo e Labo de référence duerstelle soll. Et mécht wéineg Sënn fir iech hei déi eenzel Acquisitiounen an allen Einzelheeten ze erklären. Eppes ass awer sécher, déi verschidden Divisiounen, déi Analysen an Diagnostike bedrei-

wen, gi mat den néidegen Apparater équipéiert. Si sinn all um leschte Stand vun der Technik an indispensable fir en effektiven a qualitative Fonctionnement. De Käschtepunkt vun dëse speziellen Acquisitiounen beleeft sech op 7.016.000 Euro. D'Eenzelheeten iwwert déi verschidden Acquisitiounen fannt der och am Exposé des motifs.

Während de Sätzungen an der Bautekommission goufe mer da gewuer, dass de Bau sech iwwert dräi Joer wäert hinzéien an dass den ale Laboratoire an déi zukünftige Cité policière integréiert gëtt. Déi technesch Équipementer maache 40% vum Gesamtkäschtepunkt vum Projet aus. Des Weidere gouf d'Fro gestallt, fir eng Helikopterlandeplaz ze aménagéieren, am Fall wou ganz urgent Analyse misste gemaach ginn. Et gouf eis matgedeelt, dass eng deementsprechend Demande vum Gesondheitsministère agereecht gouf. Et misst een awer an dësem Kontext mat der Diddelenger Gemengeverwaltung kucken, wéi den Emplacement realiséiert kéint ginn.

De Changement vum initialen Implantatiounssite Kierchbiereg op Diddeleng, deem am Kader vun engem Concours erausgesicht gouf, huet keng substanzuell Changeementer, wat de Bau vum Laboratoire ugeet, mat sech bruecht. De Laboratoire gëtt ausserdeem sou équipéiert, dass all Zorte vun Analysen duerchgefouert kënnen ginn.

An der Sëtzung vum 16. Oktober huet d'Kommissioun vun den öffentlichen Bauten de positiven Avis vum Statsrot vum 23. September gesprach an analyséiert. De Statsrot begréisst d'Transparenz, wat d'Opstelle vum Käschtepunkt vum Projet de loi ubelaangt. E stellt sech awer d'Fro, ob déi Démarche, den Ennerscheed tëscht dem Gesamtkäschtepunkt an deem vun de speziellen Équipementer ze maachen, an der Praxis net ze vill Contrainté mat sech bréngt. Déi eenzel lichte Textännerungen, déi déi héich Kierperschaft virgeschloen huet, goufe vun der Kommissioun zrëck behalen an de 25. November gouf de Projet de rapport ouni Géigestëmm vun der Kommissioun ugeholl.

Den Devis estimatif vun dësem Projet de loi beleeft sech op 88.000.000 Euro. Eleng 10.023.000 Euro vum Devis si fir Architektenhonoraren a Bureaux d'études virgesinn. De Coût annuel de consommation et d'entretien beleeft sech op 3.267.000 Euro. D'Ausgabe selber lafen iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wëll ech nach eng Kéier d'Wichtigkeet vum Projet ënnersträichen. Et handelt sech hei ëm e Projet fir déi onhaltbar Situatioun vum aktuelle Laboratoire National de Santé ze berengen. Dësen Neibau ass bedéngt duerch deen enormen Zouwuess vun Aarbecht, ob dat medezinesch Analyse sinn, Liewensmittelkontrollen, d'Bekämpfung vun Epidemien, alles wat an de Kader vun der Médecine préventive fällt oder de Problem vun der Drogenbekämpfung. Dëse Projet de loi erlaabt et an Zukunft d'Reputatioun an d'Kompetenz vun eise Laboratoire an dat richteg Licht ze stellen. Ech bieden lech deemno dësen Text ze stëmmen, sou wéi en an der Kommissiounssëtzung diskutéiert a festgehale gouf.

Ech soen lech merci fir d'Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Als éischt Riednerin ass d'Madame Nancy Arendt agedroen. D'Madame Arendt huet d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dass ech am Ufank kuerz op eng Citatioun aginn. „Il est un fait que les condi-

tions de travail sont actuellement très difficiles au laboratoire. La raison essentielle en est l'exiguité des locaux, conçus à l'époque pour un personnel moins important et des appareillages moins nombreux et moins sophistiqués. Pour faire face à cette situation, le Gouvernement a décidé la construction d'un nouveau bâtiment. Le projet de loi afférent sera déposé à la Chambre à la rentrée.“

Dëst ass eng Äntwert vum 27. Juli 1990 vum deemolege Gesondheitsminister op eng parlamentaresch Ufro vun eise frëiere Fraktiounspresident François Colling. Mir schreiwen haut de 17. Dezember 2003 a mir schwätzen deemno scho bal vun engem historesche Moment an der Gesondheitspolitik vun eise Land, wa mir haut eng gesetzlech Basis schafe fir deen neie Laboratoire National de Santé. E Statslabo, dee sech den Erfuerdnerisser vun haut upasst an dee sengem Statut als Statslaboratoire gerecht gëtt.

Et ass en Dossier, dee sech scho bal 15 Joer higezunn huet an deen ënner anerem duerch d'Sich no engem convenabele Site an d'Hannertrefe geroden ass. Fir d'éischt gouf e Site op der Kockelscheier a Betruecht gezunn, duerno op der Stäreplaz, dann um Kierchbiereg, fir finalement zu Diddeleng säin definitive Standuert ze kréien. Endlech, kann ee bal soen, well en neie Statslabo ass eminent wichtig en vue vun deenen Entwécklungen, déi mir an deene leschte Joren och um parlamentareschen Niveau verfollegt hunn an déi am Rapport vun der zoustänneger Bautekommissioun, sou wéi am Exposé des motifs, am Detail belicht gi sinn.

Ech wëll dofir fir d'éischt mengem Fraktiounskolleeg Fred Sunnen e grouss Merci ausschwätze fir seng kompetent Aarbecht, déi hien am Kader vu sengem schrëftlechen a mündlechen Rapport hei gelescht huet. Seng detailléiert Ausféierungen erlaabe mir, fir iwwer verschidden Einzelheeten aus dem Projet ewech ze goen a mech op e puer Aspekter ze konzentréieren, déi fir mech a meng Fraktioun wichtig sinn.

Ech konzentréiere mech an der Haaptsaach op déi Punkten, déi d'Noutwendegkeet, fir elo schnell a konsequent en neie Laboratoire National de Santé op Diddeleng ze bauen, ervirhiewen.

Dir Dammen an Dir Hären, de Bau vum neie Statslabo ass virun allem doduerch noutwendeg ginn, well sech d'Aarbechtskonditiounen um Verluerekascht an deene leschte Joren dramatesch zum Negativen entwéckelt hunn. Zum aneren ass den Aarbechtsofwand an deene leschte Jore konsequent ugewuess, well sech eng ganz Partie vun neie Servicer a Missiounen am Laboratoire National de Santé installéiert hunn. D'Demandé fir Analyse sinn an deene leschte Jore konsequent ugewuess an nei Tachen an der Preventiounsmedezin, sou wéi an der Aarbechtsmedezin, hunn dozou bäigedroen, dass sech de Bau vun engem neie Laboratoire National de Santé an deene leschte Jore quasi imposéiert huet.

Ech brauch nëmmen d'Beispill vun der Kriibspreventioun unzuschneiden. Besonnesch an dësem Beräich huet d'Regierung an deene leschte Joren eng offensiv Campagne initiéiert, déi dozou gefouert huet, dass sech ëmmer méi Fraen enger Mammographie ënnerzéien. An Europa stierft all 20 Minutten eng Fra u Broschtkriibs an all éngste Fra ass vu Broschtkriibs betroffen. Et ass déi meescht verbreete Kriibserkrankung bei de Fraen an Europa. Hei zu Lëtzebuerg ginn all Joer ronn 300 Fäll nei bekannt an ongeféier 1.000 Frae sinn a Behandlung.

Et ass evident, datt esou erschreckenden Zuelen nëmmen duerch eng effikass Preventioun bäiekommen ass. Bei der Fréierkennung vu Broschtkriibs ass de Statslabo associéiert, andeems en zu engem groussen Deel déi entsprechend an zouverlässeg Analysen effektuéiert. D'selwecht ass et bei de Männer, déi virun allem, wa se 50 Joer iwwerschratt hunn, verstärkt opgeruff goufen, sech enger Prostatakriibsanalyse ze ënnerzéien. Zouverlässeg Analyse kënnen nëmme laangfristeg assuréiert ginn, wann de Statslabo ënnert adequate Konditiounen seng Aarbecht verrichte kann.

Déi therapeutesch Iwwerwachung vun de Medikamenter an d'Extensioun vun de Kontrollen, déi op europäeschem Niveau gefuerdert ginn, sinn zwee aner Grënn, déi dem virleiende Projet Sënn ginn, well soss de Statslabo risquéiert d'Kritären, déi am Kader vun enger EU-Akkreditierung als Referenzlabo virgeschriwwen sinn, net ze erfëllen.

Erënnere mer drun, dass sech e Groussdeel vun der Missioun vum Laboratoire National de Santé duerch eng Rei Engagementer op europäeschem Niveau definéiert, e Punkt op deen ech spéider nach wëllt zrëckkommen. Last but not least erfëllt deen aktuelle Laboratoire National de Santé net méi all d'Sécherheitsnormen, déi fir esou eng Institutioun onerlässlech sinn. De Bericht vum Inspecteur général de la sécurité huet an dësem Beräich däitlech gemaach, dass den aktuelle Labo um Verluerekascht net méi den erfuerderten Normen, déi sech fir esou eng Institutioun gehéieren, entsprécht. Virun allem um Niveau vun den Aarbechtskonditiounen, vun den Noutausgängen, d'Feele vu Brandmaueren an déi schlecht an ze kleng Stockéierungsméiglechkeete vu chemesche Substanze sinn nëmmen e puer Lacunen, déi de Bericht opgeworf huet, a mat engem neie Labo kënnen mir dës Lacuné mat engem Schlag behiewen.

Op déi eenzel méi traditionell Missiounen, déi sech virun allem am Beräich vun der Pharmazeutik konzentréieren, wëll ech net méi am Detail zrëckkommen, well dat de Rapporteur Fred Sunnen jo schonn ausféierlech a sengem Rapport gemaach huet. Ee Punkt, deen ech awer wëllt ervirsträichen, ass dee vun der Liewensmittelsécherheet, e Sujet, deen dëst Haus am Juli 2001 am Kader vun enger Orientierungsdebatte ausgiebig diskutéiert huet. Aus den zréckleide Krisen, déi dem europäeschen Agrarsecteur schwéier ze schafe gemaach hunn, sinn eng ganz Partie vu Contrainten erwuess, déi sech haut virun allem an EU-Memberstaaten adresséieren, Contrainten, déi an der Haaptsaach an de Beräicher Preventioun, Kontroll a Fuerschung hiren Nidderschlag fanne mussen. Déi analytesch Missiounen erfassen haut ënner anere déi mikrobiologesch Analysen vun de Liewensmittel, fir d'Liewensmittelvergiftungen ze detektieren, d'Recherche no Geféier aus der Landwirtschaft an aus der Industrie an eise Liewensmittel, fir chronesch Erkrankungen ze verhënneren, d'Fuerschung an d'Doséierung vu Liewensmittelzusatzstoffen esouwéi d'Fuerschung iwwert an d'Quantifikatioun vun de sou genannten Organismes génétiquement modifiés, déi sou genannten OGMen.

Besonnesch ervirzehiewen an dësem Beräich ass de Fuerschungsprogramm Sécurité alimentaire, deem am Kader vum Fonds national de la recherche iwwert d'Bühn geet an dee sech drëm beméit, qualitativ a quantitativ Methoden ze entwéckelen fir d'OGMen, déi an den nächste Joren op de Maart kommen, ze analyséieren. Dës Missioun wéckelt sech am Kader vum europäesche Projet „European network of GMO laboratories“ of, dee vun der europäescher Kommissioun koordinéiert gëtt.

Am selwechte Kontext wëllt ech dann awer och nach op e Punkt agoen, deen am Kontext vun de Budgetsdebatten an am Kader vun den Aarbechten an der Bautekommissioun zu dësem Projet opgegraff gouf. Am Exposé des motifs steet geschriwwen, dass an enger zweeter Phas de Veterinärlaboratoire an den Émweltlaboratoire sollen op de Site vum Laboratoire National de Santé integréiert ginn. Ech erënnere drun, dass de Koalitionsaccord vum August 1999 scho virgesinn huet, hir verschidde Kompetenzen am landwirtschaftlechen an am veterinäre Beräich an de Statslabo unzesidelen. Ech denken dass sech dës interdisziplinär Approche nëmmen als virdeelhaft kann erweise wann et drëms geet, Liewensmittel op hir Traçabilitéit, op d'Sécherheet an op hir Qualitéit hin ze iwwerpräieren. Iwwert de Veterinärlabo hunn ech héieren, dass scho konkret Pläng um Dësch géife leien an dass et nëmmen nach eng Fro vun der Zäit wär, fir dëse Projet ze presentéieren.

Ech denken, dass déi dräi Laboe verschidden Aktivitéiten, Infrastrukturen a Servicer zesummeleeën an domadder finanziellen, organisatoreschen an administrativen Opwand aspueere kéinten. Ech wëllt d'Hoffnung zum Ausdrock bréngen, dass mir deemnächst kënnen iwwert esou e Projet befannen, wou mir gëschter eng entsprechend Motioun gestëmmt hunn. Vläch kann eis d'Madame Bauteminitesch iwwert d'Pläng vun der Regierung an dësem Dossier herno informéieren.

Aus all dëse Considérationen geet ervir, dass den neie Laboratoire National de Santé och um internationale Plang seng Roll muss spillen. Ablécklech konzentréiert sech déi international Zesummenaarbecht op d'Diagnosen an Analyse vun Epidemien, déi onbedéngt um LNS musse regroupéiert bleiwen. Den LNS huet den Know-how an d'Expérience fir dës Missiounen am beschten ze erfëllen, an zum anere verbitt de Volume vun den Aarbechten eng Zersplitterung vun de Missiounen am Kader vun esou internationale Programmen op eenzel Laboratoiren. Nëmme e Regroupement vun de Missiounen op engem eenzege Laboratoire erlaabt eng adequat Zesummenaarbecht bei der internationaler Seuebekämpfung.

En anere wichtige Punkt ass dee vun der Fuerschung am Kader vun der Uni Lëtzebuerg. D'Grundlagefuerschung an d'Recherche appliquée mussen an der Kompetenz vum Statslaboratoire bleiwen, esou wéi et iwwerens am Organigramm vum Centre de recherche public - Santé virgesinn ass. De wëssenschaftleche Wäert virun allem am Beräich vun der Biologie léisst sech nëmmen erhalen, wann d'Fuerschung weidergedriwwen gëtt a wann d'Resultater veröffentlecht kënnen ginn. Dëst ass awer eben nëmme méiglech, wann de Laboratoire National de Santé einwandfräi funktionéiert a wann op déi nei Infrastrukturen zrëckgegraff ka ginn.

Et geet hei och ëm d'Renommée vun der Uni Lëtzebuerg, well de Laboratoire National de Santé an enker Zesummenaarbecht mat der Uni e Programm betreit, dee sech u jonk an ambitiéis Chercheure richt. Et ass doriwwer eraus virgesinn, en Doktorat an der Immunologie an an der Molekularbiologie an d'Liewen ze ruffen, wou eng auslännesch Universitéit associéiert gëtt a wou e Laboratoire d'accueil agericht gëtt.

Ech wëllt dobäi nach gären ervirhiewen, dass sech d'Fuerschungsaarbechte vum Statslaboratoire an deene leschte Joren duerch eng Rei vu Publikatiounen bezuelt gemaach hunn. Doriwwer eraus ass de Service d'immunologie vum Statslabo en unerkannte Partner vun der Organisation Mondiale de la Santé zu Genève, bei der Fuerschung iwwert d'Riedelen. Eng enk



Zesummenaarbecht besteet och tëschent der Division de toxicologie vum LNS a vun de Vereenten Natioune bei der Analys vu mëssbräuchlechem Drogenkonsum.

Et geet also, Här President, ëm e Stéck Glaubwürdegkeet bei eisen internationale Partneren. Och wann eise Statslabo an éischter Linn eng wichteg Institutioun fir eist Land duerstellt, sou kann een awer net iwwert déi international Zesummenaarbechten an iwwert d'Roll, déi deen neie Laboratoire National de Santé am Kader vun der Fuerschung a vun der Uni Lëtzebuerg spille wäert a muss, ewechkucken. Ech wëllt do och nach gären op vereenzelt Kriticken agoen, déi besoen, dass den neie Laboratoire National de Santé net zentral genuch am Zentrum vun Diddeleng geleeën ass. Ech denken awer dass sech de Site no un der Autobunn an doduerch eben net am Zentrum vun der Stad als Standuertvirdeel um Niveau vun der Accessibilitéit erweise wäert.

E leschte Punkt, dee mech perséinlech interesséiert, betrëfft d'Dopingskontrollen am Sport: Am Moment ginn eis Dopingsprouwen nach ëmmer an d'Ausland geschéckt, well de Statslabo nach keen Agrément vun engem internationalen olympesche Komitee (IOC) huet. Ech wollt dofir d'Ureegung gi fir ze kucken, ob et méiglech wär, dass och eist Land, wat trotzdem an deene leschte Jore vu punktuellen Dopingsfäll net verschount bliwwen ass, iwwert d'Méiglechkeete kéint verfugen, sief et eventuell duerch den neie Statslabo, fir och d'Dopingstester hei zu Lëtzebuerg duerchzeféieren. Et ass kloer an onerlässlech, dass Lëtzebuerg dofir eng Rei vu Kritären erfëlle muss. Et wär dofir och opportun, dass sech d'Acteure vläicht eng Kéier un den Dësch setze géinge fir iwwert dese Punkt ze beroden. Ech gesinn an deemem Beräich och eng lukrativ Nisch, well ech mer virstelle kéint, dass och aner Länner interesséiert wären, hir Analyse bei eis ze schécken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am ale Statslabo ass bis haut gutt Aarbecht geleescht ginn. An deene leschte Joren huet sech d'Situatioun awer dramatesch zougspëtz. Et ass d'Zomm vun all deene Versäumnisse aus de leschte Joren, déi deen akute Charakter vun deemem wichtege Projet ënnersträicht. Ech si frou, dass keng weider Zäit méi verluer gëtt fir dass elo zügeg mat den Aarbechten ugefaange ka ginn. Mam Accord vu menger Fraktioun schlëssen ech meng Interventioun of a soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer de Mëtteg de Projet fir en Neibau fir de Statslabo zu Diddeleng stëmmen, zéie mer um legislative Plang e Schlusstréch ënnert en Hickhack, eng mouvementéiert Geschicht wéi mer dat kaum bei engem anere Projet erlief hutt. Bal 20 Uleef waren noutwendeg op enger ganzer Rei vu Siten, ier mer am Endeffekt do ukomm sinn, wou mer elo sinn. Wann d'Chamber haut d'gréngt Licht gëtt, wäerte mer an hoffentlech e bësse méi oder manner wéi engem Joer e flott Gebai an der Entrée vun Diddeleng opriichte kënnen. De Labo kënnt also iwwer e laangen Ëmwee op Diddeleng, ass awer dofir net manner wël-komm.

Wéi ass de Projet elo am Süde vum Land ukomm? Dir wäert mir verzeien, wann ech net op all déi 20 Uleef aginn - dat wäerte vläicht aner Riedner de Mëtteg nach maachen -, mä ech fänken emol do un, wou ech selwer mam Projet be-

faasst gi sinn. Et ass an der leschter Amtsperiod, an der leschter Legislaturperiod, wou eigentlech d'Geschécker vun zwee gréissere Projeten am Beräich vun der Santé méi enk matenee verstréckt gi sinn, dat ass d'Zukunft oder d'Entwécklung vum Projet Rehazenter an d'Entwécklung vum Projet Labo.

Déi sinn an där leschter Period gläichzäiteg erugeräift, an et war och zimlech kloer, wou déi zwee Zentre sollten entstoen, deen ee war virgesi fir um Kierchbiereg an der direkter Proximitéit zu deem neie Spidol gebaut ze ginn - de Labo. An deen aneren Zentrum war geplangt fir am Süde vum Land zu Diddeleng an dem Frankelach ze entstoen. De Projet fir de Rehazenter war méi wäit fortgeschrëtt wéi de Projet Labo, mä et war awer esou, dass och beim Labo en architektonesche Projet ausgeschafft gi war, dee wäit fortgeschratt war.

De Rehazenter sollt op Diddeleng kommen a war och schonn an deem Sënn ofgeseent vun der Regierung. Et loung also eng formell Décisioun vun der Regierung vir, et loung eng formell Décisioun vum Parlament vum Mee 1999 vir. D'Terraine stoungen zur Verfügung, de Projet war ausgeschafft, d'Verhandlung mat der Baufirma ware sou gutt wéi ofgeschloss. An do kum 1999 - ech zielen lech näischt Neits - de Regierungswies-sel, an de Projet Rehazenter ass erëm a Fro gestallt ginn. Et kum zu dem Moratoire op Wonsch vun engem vun de Regierungspartner, dee sech vis-à-vis vun deem anere Regierungspartner konnt duerchsetzen, fir dee Moratoire ze maachen, an do kum no enger gewëssener Zäit d'Décisioun fir de Rehazenter net zu Diddeleng, mä op dem Kierchbiereg opzeriichten.

Dir wësst, dass et net eng alldieglech Prozedur ass, wann eng Regierung eng Décisioun, déi se formell geholl hat, och wann et zum Deel eng aner Regierung war, op d'Kopp geheit, an och d'Décisioun vun der Chamber, déi majoritaire geholl gi war, erëm eng Kéier a Fro stellt. An ech mengen, mir hunn dat net eleng esou gesinn, well soss wär et wuel net dozou komm, dass, nodeem d'Verplanzung vum Rehazenter op de Kierchbiereg décidéiert war, vu kengem aneren wéi vum Regierungschef proposéiert ginn ass - an dat och vun der Regierung gedroe gouf an och herno akzeptéiert gouf vun der Gemeng Diddeleng -, dass de Labo sollt op Diddeleng implantéiert ginn.

Ech ka mech nach genee un d'Wieder vun eise Gesondheetsminister aus där doter Zäit erënneren, wéi mir driwwer diskutéiert hunn, och gestriden hunn, wat dat fir e Sënn géif ginn, dass een nom Legoprinzip géif ee Gebai, dat geplangt war op enger Plaz, op eng aner Plaz géif setzen, an ëmgedréint nach eng Kéier datselwecht am Grénge géife maachen, an deemools huet de Gesondheetsminister eis gesot, et wär kee Problem, fir déi Projeten ze réckelen. Et kéint ee roueg deen Diddelenger Projet op de Kierchbiereg setzen, dat géif keng gréisser architektonesche Ännerunge bedéngen, an et kéint een och de Statslabo ouni Weideres op Diddeleng setzen. Wann een elo seet, wéi déi Ausso vum Minister sech réaliséiert huet an der Praxis, da géif ech soen 1 zu 1. Bei deem enge Projet, dee verplanzt ginn ass vum Kierchbiereg op Diddeleng, huet et keng gréisser Ännerunge bedéngt. De Projet konnt...

(Interruption)

Wat gelift? Dat ass ganz richtig, do hutt Dir Recht, mä do si mir mam Wunnungsbauminister amgaangen ze diskutéieren, fir en anere flotte Projet ze réaliséieren. Et ass also net esou, dass déi flott Plaz - an d'Madame Minister weess, wéi flott dass déi Plaz no bei der Haard ass - eidel géif bleiven.

Madame Minister, mir hunn zesummen eng ganz Rei vu gudden Iddie gehat, fir flott Projeten op Diddeleng ze bréngen. Ech mengen, do kann och jiddferree sech seng Tranche dovun erforscheiden, dat contestéieren ech jiddefalls net.

Mä et ass esou, dass op deem neie Site de Projet Labo quasi identesch - an ech schwätze bei den opmierksamen Ouere vun den Experten -, quasi tel quel konnt op deen neie Site implantéiert ginn. Jiddefalls entsti keng Méikäschten um architektonesche Plang doduerch. Mir hunn hei Arbiteren am Haus, déi kënnen tranchéieren, wann den Här Minister enger anerer Meinung ass.

M. le Président.- Den Här Minister Wagner wëll eppes soen.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Honorablen Här Bartolomeo, erlaabt Dir, dass ech direkt drop äntweren?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech wär grad sou frou, wann Dir herno géift äntweren. Ech hätt geduecht, Dir wëllt mir eng Fro stellen. Ech hunn awer kee Problem, ech gehéieren zu deenen, déi fir en Débat plädéieren, an dofir hunn ech och kee Problem, wann Dir dat bei mir maacht.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech wollt just fir d'éischt eng kleng Rektifikatioun maachen. Dir sot, et hätten der zwee gestriden, ech wëll awer soen, dass et en Fait nëmmen ee war, well ech menge mir als Regierung, mir ware jo ganz fein, dass mir de Labo op Diddeleng ginn hunn.

Wat de Labo, den LNS u sech ubelaangt, ass e praktesch an darselwechter Form wéi en um Kierchbiereg gewiescht wär oder hätt solle kommen, mä déi Terrainen, déi mir do zur Verfügung haten, hätten eis net erlaabt, fir déi aner Laboen ënnerzebréngen, wéi de Labo vum Environnement, vum Waasser a vun der Inspection vétérinaire, de Veterinärlabo, déi wäeren och net op deen Terrain gaangen. Dofir, mengen ech, war et schonn eng ganz utile Saach fir op méi ee groussen Terrain ze goen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Merci, Här Minister, do wäerte mir och net driwwer streiden, do hutt Dir Recht. Iwwert deen dote Punkte wäerte mir net streiden, mä ech hat gesot 1 zu 1. Hei war dee Punkt, wou Dir net Onrecht behalen hutt, dass een e ka versetzen. Bei deem anere Punkt, beim Versetzen oder Verplanze vum Rehazenter, do hutt Dir Onrecht behalen, well...

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dee Projet ass awer lo besser.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- ...do huet e komplett neie Projet missen ausgeschafft ginn. Dee Projet ass ongeféier duebel sou deier gi wéi deen, dee virun der Attributioun vum Projet war. An e kënnt - an dat mengen ech ass eng objektiv Feststellung - fënnf Joer méi spët, oder e gëtt fënnf Joer méi spët ugefaangen.

(Interruption)

Majo, wësst Dir, Här Rippinger, dozou gehéieren och ëmmer...

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Da frot emol den Här Wohlfart, dee kann lech d'Äntwert ginn!

(Dérangement dû à des interférences et interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Mäin Handy ass et net, ech hunn en net bei mir.

M. le Président.- Dir sollt Är Handyen alleguerten dobausse

loossen, oder zumindest ausmaachen, wann Dir erakommt. Wann Dir an Däitschland an de Bundestag eragitt oder an d'franséisch Assemblée Nationale, do leie vir esou Casen, an déi jiddferree sän Handy draleeë muss. Mir hu scho wéi vill Mol gesot, et soll ee sän Handy ausmaachen, wann een erakënnt, mä ech gesinn, et sinn ëmmer nach Kolleegen, déi dat net fäerdeg bréngen.

Dat bréngt mat sech, dass eis elektronesch Anlage gestéiert sinn, an da gëtt sech wéi gëschter Owend geiergert, dass d'Abstëmmungsanlag net funktionéiert. Dat ass alles ganz reng Elektronik, a wann een dat matenee vermëscht, da kommen esou Saache vir, wéi mir dat elo grad erlief hunn.

Also ech géing nach eng Kéier un lech appelléieren: Wann Dir et schonn net fäerdeg bréngt en doheem oder dobaussen ze loossen, da maacht e wéinstens aus, wann Dir erakommt.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Merci, Här President. Ech mengen, dat ass eng diabolisch Taktik fir mech ze ënnerbréchen.

(Hilarité et interruptions diverses)

Zu der Konklusioun vun deem Transfert vun de Gebaier: Mir wäerte muer nach d'Geleeënheet kréie fir e bësse méi intensiv doriwwer ze diskutéieren, well dat heiten u sech dee manner kontroverséierten Deel vun der Transplantatioun ass. D'Konklusioun ass, déi Transaktioun behält e batteren Nogschmaach, well Verspéidung entstane ass, vill Geld doduerch zousätzlech noutwendeg war, a, mengen ech och, d'Patienten vill méi laang op déi eng oder déi aner Struktur hu misse waarden. A wat de Labo ugeet: Déi Leit am Labo hu wierklech - an do kann ech meng Virriedner, souwuel dem Rapporteur, dem Fred Sunnen, wéi och dem Nancy Arendt, zoustëmmen - ënnert schwieere Verhältnisse extrem gutt Aarbecht geleescht an hu wéi laang misse waarden, fir ënner wierdege Konditiounen kënnen ënnerbruecht ze ginn.

Ech muss och soen - an dat wäert lech net wonneren -, dass mer vläicht bei där doter Operatioun Zäit verluer hu fir dat ze maachen, wou mer elo mëtten dra sinn: eng seriö verstanen Dezentraliséierung. Vläch war d'Zäit deemools nach net räif, wéi déi doten Décisioun fir déi Dezentraliséierung geholl ginn ass. Ech gesinn, dass mer haut mëtten dra sinn an dass déi Diskussiounen iwwer Siten net méi an där Form gefouert ginn, wéi se nach viru sechs oder siwe Joer gefouert gi sinn.

Mat enger ganz natierlecher Selbstverständlechkeet verplanze mer elo national Infrastrukturen an d'Frichen, an et ass och vläch viru fënnf oder sechs Joer eng Geleeënheet verpasst ginn, fir en éischte Projet an enger Friche ze réaliséieren, déi manner Problemer hat, wat d'Belaaschtung ugeet, wéi déi heiteg Frichen; mä och do dee batteren Nogschmaach iwwer Belaaschtungen, a sief et och nëmmen de Kuelestëbs, do ass deemools nach e groussen État draus gemaach ginn. An haut, wou mer iwwer ganz aner Belaaschtungen op anere Sit schwätzen, ass dat e bësse méi einfach ginn. Ech wëll dat net bedauern, mä kucken awer nach eng Kéier do drop zrëck, dass dat, wat viru e puer Joer nach net méiglech war, haut selbstverständlech ass, dat gëllt souwuel fir d'Dezentraliséierung wéi och fir d'Notzung vu Frichen, wat wäertvoll Terrainsreserve sinn.

Elo zum Projet selwer. De Sunnens Fred huet de Projet a senge groussen Zich virgestallt an ech soen dem Här Sunnen och merci fir deen objektive Rapport, deen e gemaach huet. Just e puer Wuert zum Gebai an zum Site. Dat neit Gebai wäert an der Nordentrée vun Diddeleng entstoen un der

Schnëttstell vun den Autobunnverbindungen, souwuel mat dem Osten an dem Westen vum Land wéi och der Achs Lëtzebuerg-Diddeleng. Ganz licht accessibel ass de Site doduerch, dass en un der Ausfahrt vun der Autobunn läit, wou no Diskussiounen mat de Ponts&Chaussées sécher gestallt ass, dass eng komplett nei a vill besser Ausfahrt entsteet, déi direkt an déi Aktivitéitszon eraféiert. An de Site läit tëschent 500 a 600 Meter vun der Zuchhalt Diddeleng-Biereng ewech, dat heescht de Leit, déi motivéiert si mat öffentlichen Transportmëttelen dorower ze fueren, mengen ech, ass domadder gehollef, dass de Labo wäert un der Zuchlinn leien.

De Site läit mëtten an engem zukünftege Landschaftspark an ass gutt ugebonnen un d'Wunnge-bitt. Et ass eng flott Architektur gewielt ginn, déi sech an de Site apasst a mir kënnen hei roueg soen, dass an deene Méint, wou mer zesumme geschafft hunn - an dann därerf ech eng Kéier den Hutt vum Diddelenger Buergermeeschter undoen -, d'Diddelenger Gemeng, den Diddelenger Schäfferot ganz gutt mat de Responsabele vun de Bâtiments publics zesumme geschafft hunn an dass mer eis iwwer alleguer déi Punkten, déi Flexibilitéit gebraucht hunn, wéi zum Beispill d'Implantatioun vum Gebai, wéi den Uschloss un d'Autobunnsausfahrten, an engem ganz positive Geescht konnten eenegen a mer, mengen ech, konnte weisen, dass e Projet vun där doter Envergure och ouni Problemer e bësse méi südwärts kann implantéiert ginn. Am nächste Joer wäerten d'Érschleissungsarbechte vun där neier Zon ufänken, wou de Labo als éischten an och als attraktive Projet ageplanzt wäert ginn a wou mer hoffen, dass de Labo wäert 2007/2008 seng Aktivitéite kann ophuelen.

Dir wësst - an den Här Rapporteur huet dat och gesot -, dass elo den éischte Projet sprochräif ass, fir gestëmmt ze ginn, dass awer gewünscht ass, dass déi zwee aner Projeten, déi vum Veterinärlabo an déi vum Ëmweltlabo, mat dem Labo fir d'Waasser, solle parallel eruräifen, wat eng ganz gutt Saach ass, fir dass mer net all ze vill Zäit verléieren an dass déi Projeten - mir wënschen eis dat jiddefalls - kënnen parallel réaliséiert ginn. D'Planungsarbechten - dat ass scho gesot ginn - sinn amgaang, mä d'Pläng sinn awer, sou wäit ech weess, nach net sprochräif, fir an e Gesetzesprojet kënnen eranze-goen.

D'Gebaier fir de Statslabo sinn eng Saach. Eng gutt Saach, wa mer endlech virukommen. Mä si sollen awer net doriwwer ewech täuschen, dass och eng inhaltlech Diskussioun gefouert muss ginn, déi an der Bautekommissioun an där doter Form net gefouert ginn ass an, sou wäit wéi meng Erënnung ginn, och an der rezenter Vergaangenheet net konnt an der Santéskommissioun gefouert ginn. Net tranchéiert gouf - à moins datt ech net um leschte Stand vun den Informatiounen sinn - och den zukünftege Statut vun deem Labo. Sou wäit ech weess ass an deene leschte Joren ëmmer an ëmmer erëm vun engem Établissement public geschwat ginn. Ass dat nach ëmmer aktuell, dass de Statslabo en Établissement public soll ginn? Wéi ass dann de Statut vun deenen aneren Divisiounen, déi gläichzäiteg wäerte réaliséiert ginn?

Keen Thema waren och d'Missioun vum Statslabo - do wäert mäi Kollege, de Fayot's Ben, nach drop agoen -, wat awer allerdéngs eng wichteg Diskussioun ass, well mer müssen eis eens sinn, wéi mer dee Statslabo positionéieren zu den Infrastrukturen, déi et am Laboratoiresberäich am privaten an am öffentlichen Beräich gëtt. Well ech menge mir wëssen et alleguer, dass d'Situatioun net méi déi ass, dass de Labo op bal alle Saachen



oder op ville Saachen d'Monopolstellung huet. D'Industrie schléift net, an déi Apparaten, déi haut entwéckelt ginn, féieren dozou, dass a ganz ville Laboen och Material steet, wou e ganze Koup Analyse gemaach ginn a gemaach kënne ginn an zum Deel och ënner lukrative Verhältnisser kënne gemaach ginn, déi och am Labo gemaach ginn. Sou dass et wichtig ass, dass een dee Labo vis-à-vis vun deem, wat et op anere Plaze gëtt, erëm positionéiert, dass een deem Labo eng spezifesch Plaz an där doter Landschaft gëtt, dass een en ekonomesch och positionéiert, well wann e Labo lues a lues un Importenz ofhëlt, doduerch dass anerer un Importenz wuessen, da gëtt et op eemol och eng Diskussioun, ob mer esou e Labo ënnert där Form brauchen, an dat ass, mengen ech, eng Diskussioun, déi mer eis net sollen erlaben.

Mir si schonn dervun iwwerzeegt, dass wa mer en anstänneg positionéieren, dass e Statslabo hei zu Lëtzebuerg duerchaus seng Plaz huet, wou et awer noutwendeg ass, fir em Spezifisitéiten ze loosseren an och kloer ze definéieren, wou en d'Roll als Referenzlabo kann iwwerhuelen, wéi mer e kënne an e Plan hospitalier abauen a wéi e mat anerer Rechercheinstitutione kann zesummeschaffen. De CRP - Santé ass ee vun deenen Instituter, wou mir eis an eiser Naivitéit hätte kënne virstellen, dass déi zwee zesummen hätte kënne fonctionnéieren. Froen, wou de Minister herno vläicht wann eng Änwert drop ginn. Mir komme jiddefalls zur Konkusioun, dass mam Bau vum neie Statslabo e wichtegen Akzent gesat gëtt, an dofir wäert eis Fraktioun deen dote Projet och stëmmen.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

■ **M. Niki Bettendorf (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vu menger Säit aus wëll ech dem Rapporteur en häerzleche Merci soen, dem Fred Sonnen, fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, geschwënn ass Chrëschttag, d'Chrëschtkendche kënnt a bréngt eis en neie Statslabo. Et muss ee soen, endlech kënnt en. Dës Regierung huet et fäerdeg bruecht. Et ass ee schéine Cadeau, well wee weess wéi wichtig dese Labo ass, kann hei nëmme mat zwou Hänn applaudéieren.

Ech kommen net derlaanscht, fir op d'Geschicht vun dësem Projet anzegoen, well vill Leit hei an der Chamber - ech an anerer an eiser Partei an och an anere Parteien - sech zënter Jorzéngte fir en neie Statslabo agesat hunn. En neie Labo, wichtig fir eist Land, fir seng Bierger a genau sou wichtig fir d'Leit déi do schaffen.

Et sinn haut 176 Persounen, déi do ugestallt sinn, a fir si kënnt dëst Gesetz vill ze spéit. Ech hunn iwwert d'Jore mat der Personaldelegatioun versicht e bëssen d'Weichen ze stellen, mä mir woren als Demokratesch Partei an der Opposition an et gouf näischt aus Erneuerungen, obschonn zënter laangem d'ITM den ale Buttik hätt missen zoumaachen. Der ITM hire Rapport schwätzt Bänn. Si hu missen an all Gank, op all Stack an an all Büro op Onzougänglechkeeten hiweisen.

Mir waren als Chamberkommission 1994 de Statslabo kucken an hu missen allegueren de Kapp rëselen, wéi mer gesinn hunn a wéi schwiege Situatiounen déi Leit hu missen do schaffen. Och war et net einfach mat der Direktioun eens ze ginn, well do esouguer munchmol Telefonen zur Fënster erausge-

flu sinn. Ech muss lech soen, dass ech mer erhoffen, dass mam neie Labo och neie Wand an d'Direktioun vun deem Labo wäert erakommen. Pensioune maachen dat méiglech!

Ech zielen nëmme e puer Punkten op, wéi d'Aarbechtsposten net konform waren. Ganz oft waren et net méi wéi 80 cm<sup>2</sup>, also manner wéi déi Plaz, déi mir hei op eise Büroen hunn.

Issues de secours waren net do, oder goufe bäigebaut. Mir konnten eis iwwerzeegen, dass een aus dem Späicher hätt missen iwwer Rutschen erfrotschen, wann iergendeng Urgence komm wär. Dat musst Dir lech virstellen. Keng Trape mä Rutschen!

Och déi geféierlech Produkter konnten net conforme stockéiert ginn. Ech hat schonn hei drop higewisen, dass, wann eng Kéier en Doudegen géif do leien, wou misst eng Obduktioun gemaach ginn, et net onwahrscheinlech gewiescht wär, deen Doudegen eng Kéier verschwonnen wär an een et net gemierkt hätt.

Elo weisen d'Weiche fir deen neie Labo definitiv op Diddeleng. Ob domadden d'Personal vum Labo zefridden ass, weess ech net, et gëtt där enger, an et gëtt och där anerer. Dofir loosse mer eis haut net iwwert de Site streiden. Et kann een, an e Virriedner huet et gemaach, dat heiten ugesinn als e Resultat vun enger konsequenter Dezentralisatiounspolitik.

De Rapporteur huet op de Käschtepunkt vun 88 Milliounen Euro higewisen, wouvun eleng 40% fir technesch Equipementer virgesi sinn. Et muss een och wëssen, dass d'Equipementer an de Laboen an Zukunft e ganz décke Poste wäerte bliwen, well esou sophistikéiert Equipementer an der Moyenne all sechs Joer mussen erneiert ginn, well soss d'Material vereelt ass.

D'Missionne vum Labo wëll ech nëmme kuerz uschneiden, well de Rapporteur dat schonn in extenso gemaach huet. Et ass ënner anem d'Kontroll vun de Liewensmëttel an de pharmazeutesche Produkter. Wann eppes op de Maart kënnt, wat net an der Rei ass, muss direkt kënne intervenéiert ginn. Et ass einfach haut méi eng grouss Zuel vu Leit concernéiert, déi vergëft kënne ginn. Haut gi mer an d'Supermarchéen an op een Dag kann eng ganz grouss Unzuel vu Leit contaminéiert ginn, wann net direkt intervenéiert gëtt. Fréier, wann een an eng kleng Épicerie gaangen ass, ware weiniger Leit direkt betraff. Op alle Fall huet hei den nationale Laboratoire eng ganz grouss Roll an Zukunft ze spillen.

Och déi Vielzahl vu Medikamenter, déi um Maart sinn, mussen kontrolléiert ginn.

Eng zweet wichtig Mission vum Labo sinn déi 10 Diagnostikaktivitéiten, déi de Rapporteur beschriwwen huet.

Ech wëll nach eng Kéier betounen - ech hunn et och schonn an der Chamberkommission gesot -, dass mer beim Labo mussen eng Helikopterlandeplaz kréien. Diddeleng läit nun emol net esou zentral bei de grouss Kliniken, a wann do operéiert gëtt, kann et virkommen, dass dringend e Labostest noutwendeg ass, an dofir insistéieren ech op dëser Plaz fir dës Helikopterlandeplaz.

Eng drëtt Mission vum Labo ass d'Matschaffen un nationalen an internationale Gesondheitsmissionen.

Léif Kollegeinnen a Kollegen, eise Statslabo muss, an dat ass seng Daseinsberechtigung, de Labo de référence hei am Land ginn an och an Europa seng Plaz fannen. Hei muss Schrëtt gehale gi mat der Évolutioun vun enger moderner Medezin an enker Zesummenaarbecht mat de Servicer vun der Santésdirektioun, de Vétérinärsservicer an och de Spideeler.

Eng véiert Mission ass d'Recherche an den Enseignement. De Rapporteur huet drop higewisen. Ech wëll just déi grouss Méiglechkeeten undeiten, déi iwwer eng enk Collaboratioun mat der Uni Lëtzebuerg mussen Entstoen.

Här President, et wär wëschenswäert gewiescht an et gouf och hei schonns ernimmt, dass de Laboratoire vétérinaire an de Laboratoire de l'eau et de l'environnement an enger Kéier matgebaut hätte kënne ginn. Mir verstinn, dass dës éischt Phas äusserst dringend ass. Mir insistéieren awer, dass och dës Pläng schnell realiséiert ginn.

Här President, ech schneiden nach kuerz déi dräi verschidde Labosdeeler un: Den L1: sans risque de contamination; den L2: avec faible risque; an de L3: hautement effectueux. Ech brauch net extra drop hinzeweisen, wéi gutt hei muss gebaut an opgepasst ginn, fir dësen extrem héije Risiko ze meeschteren.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei hat dësen neie Statslabo an hirem Wahlprogramm an dësse Projet ass an de Koalitionsprogramm agefloss. Et ass bemierkenswäert, wéi hei erëm eng Kéier d'CSV-DP-Regierung Neel mat Käpp mécht. Zënter 1980 ass en neie Statslabo geplangt. Ënnert dem Josy Barthel gouf deemools per Gesetz d'Émweltverwaltung geschafen an an de Gebaillechkeete vum LNS ugesiedelt. Déi deemoleg DP-CSV-Regierung war sech bewosst, dass et do ze kleng gouf an an der deemooleger Regierungserklärung stong: „Il sera procédé à la planification de locaux adéquats.“ Méi wor ënnert den deemolege schwierigen Zäiten net dran. Dir musst lech drun erënneren, dass d'ARBED deemools huet misse gerett ginn. 1984 huet d'LSAP d'DP an der Regierung ofgeléist, an do war den Neibau oder d'Vegréisserung vum Laboratoire National de Santé keen Thema méi. Et stong näischt an der Regierungserklärung. 1989 awer stong an der CSV-LSAP-Regierungserklärung déi wichteg Roll vum LNS an der „détection précoce de nouvelles maladies“, an et gouf sech verflücht schnellstméiglech en Neibau operéieren. Et stong dran: „construction de nouveaux locaux“. Et ass awer näischt geschitt.

1994 stong den LSAP-Gesondheitsminister do mat net ageléiste Versprieche an säi Baute Minister, dee mam gëllene Bagger, stong genau esou do. Vun 1994 bis 1999 goung de Misär riicht duerch weider. Ausser schéine Wieder a provisoresche Pläng ass näischt geschitt. Den LNS ass baufälleg ginn an hätt missen zougemaach ginn. Ech erënnere mech un d'Siten, déi an d'Gespräch bruecht gi waren, zum Beispill d'Place de l'Étoile, wou weder de Stat nach d'Gemeng Propriétaire vun alle Gebaier war an haut och nach net sinn. Ech erënnere mech un e Gebai op der Cloche d'Or vum Giorgetti, dat ganz plötzlech an d'Gespräch bruecht gi war, e Bürosgebai wat eidel stong a wat deemools hätt solle gelount oder kaaft ginn. Et ass näischt geschitt.

Dach, et kum eppes derbäi, dat waren Dysfonctionnementen och am Statslabo, déi kumen an d'Dageslicht. Nach haut si sechs Milliounen al Lëtzeburger Frang do net opgetaucht a bleiwe verschwonnen. Et gouf och nach, mengen ech, wann ech mech richtig kann erënneren, eng Kéier e Selbstmord, an duerno kumen erëm eng Kéier Wahlen.

Och 1999 stong de Labo erëm déi drëtte Kéier am LSAP-Wahlprogramm: „Mit den Sozialisten bekommt das Gesundheitslaboratorium einen neuen Stellenwert. Um

das LNS zu entlasten, werden gängige Analysen unter seiner Kontrolle von staatlich anerkannten privaten Laboratorien ausgeführt.“ Do muss ech awer soen, dat do huet guer net bei d'LSAP gepasst. Mä vun hirem Säit aus war et näischt anescht wéi en Aveu d'Impuissance.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. Niki Bettendorf (DP).** - 15 Joer laang huet d'LSAP näischt un d'Rulle bruecht, obschonn déi zwee Ministère Bauten a Gesondheet an hire Ressorte waren. Mat dem leschte sozialisteschte Gesondheitsminister hat ech nach 1999 e Rendez-vous, fir him eise vu Spezialisten opgestallte Pabeier virzustellen, wéi den neien LNS misst ausgeriicht sinn als Labo de référence. Dem Minister Georges Wohlfart deemools ass keng Zäit méi bliwwen fir an dësem Dossier nach iergendeppes kënne un d'Bougéieren ze kréien.

Dës Regierung awer, Dir Dammen an Dir Hären, bréngt et fäerdeg, den neien LNS op d'Schinnen ze setzen, a mir soen der Baute Minister an dem Gesondheitsminister en häerzleche Merci fir dës bluttnoutwendeg Realisatioun.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. Niki Bettendorf (DP).** - lech, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech merci fir d'Nolauschtere vun der Geschicht vum Lëtzeburger Statslabo. Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt och e kuerze Merci un de Rapporteur, deen eis hei am Detail virgeluecht huet wat d'Aktivitéiten vum Labo solle sinn a wéi e soll fonctionnéieren, wéi d'Gebaillechkeete sollen ausgesinn. Ech muss awer soen, ech si mat mengem Virriedner net ganz enger Meinung wann hie mengt, hei krit d'Lëtzeburger Populatioun zu Chrëschttag e Cadeau. Hei decidéiere mir als Lëtzeburger Volleksvertreder, dat mer mat de Steiersue vun de Lëtzeburger eppes baue wat bluttnoutwendeg ass. Ech gesinn net, dat dat soll e Cadeau sinn, deen d'Regierung oder wien och ëmmer dem Vollek géif maachen. Et schéngt mer eng e bëssleche gewoten Interpretatioun vun deem legislativen Akt hei ze sinn.

Léif Frëndinnen a Frënn, mir schwätzen haut iwwert e Bauprojet an éischer Linn.

**(Interruptions diverses)**

Déi, déi dat net esou wëllen huelen, déi loosseren et dann ebe stoen. Ech wëll fir d'alleréisch d'Bedeutung vun dem Statslabo ënnersträichen, obscho meng Kollege vir drun et och scho gemaach hunn. Mir wëssen, datt d'Medezin immens Fortschreiter mécht, dat mer awer vun deene Fortschreiter nëmme da kënne profitéieren, wa se kann assistéiert gi vun engem moderne Laboratoire mat performanten Equipementer a mat Leit, déi mat vill Engagement an och mat deem néidegen Know-how dra schaffen. Dat gehéiert einfach zu engem moderne Stat, an ech wëll och hei ënnersträiche wéi noutwendeg dat et ass, dat mer endlech d'Akkreditierung als Referenzlabo kréien.

Mir erënneren eis nach alleguer drun, déi déi deemools derbäi waren, wéi mer hei den Hearing hate weinst d'Liawensmëttelkris, déi eigentlech initial ausgeléist gi war duerch de BSE-Skandal, wou sech erausgestallt huet, wéi mer emol e bëssen am Detail gekuckt hunn, wéi schappig dat mer dach awer als eent vun deene räichste Länner

an der Welt do sti wat eis Laboratoirescapacités ubelaangt.

D'wëssenschaftlech Entwécklung, Här President, mécht et ëmmer méi néideg, dat mer déi Equipementer hunn, déi mer brauchen, dat mer och eisen Dokterinnen déi zur Verfügung stellen, wa se Appel dorunner maachen.

Mir hunn elo grad am Detail héieren, an ech soen dem Här Bettendorf duerfir merci, wat fir onhaltbar Zoustänn dat mer de Moment an eise Statslabo kennen. Wéi gesot, déi Leit hunn eis dat deemools och duergeluecht. Et ass evident, datt dat muss op d'Qualitéit vun der Aarbecht drécken, well och déi Leit, déi do schaffen, permanent ënner Drock an ënner Stress stinn. Mir hunn héieren, datt d'Sécherheitsbestëmmungen net esou si wéi se solle sinn, an datt am Prinzip de Labo schonn hätt missen zougemaach ginn, wann een dann no de Kritäre géing virgoe wéi se festgeluecht sinn. Et ass eng Schan fir eent vun deene räichste Länner, datt mer de Moment an där Situatioun sinn an déi nächst Joren nach mussen an där Situatioun viruliewen, well et dauert jo awer, wann ech dat richtig gelies hunn, ronn dräi Joer, wann dann alles gutt geet, bis datt den neie Bau fäerdeg ass.

Dat weist eng Kéier méi an an aller Däitlechkeet, datt hei am Land iwwer laang Zäit falsch Prioritéite gesat gi sinn. Et ass jo net esou, wéi wa mer an all deene Joren näischt gebaut hätten. Ech erënneren un d'Coque douewen, wat sécher e flott an en nützlech Gebai ass. Ech erënneren un de Pei-Musée un deem mer well laang amgang sinn ze plangen an ze bauen a mir kréien en net fäerdeg. Ech erënneren un, ech nenne se mol d'Philharmonie douewen, déi aus dem Buedem wiisst an och amgang ass fäerdeg gestallt ze ginn. Dat alles hu mer fäerdeg bruecht. Mä en uerdentleche Laboratoire, e Reha-zenter, en anstännege Palais de Justice, Investitiounen am öffentlichen Transport, dat alles ass han-nugestallt ginn, wat dann och ëmmer d'Schwieregkeete waren. Mä ech mengen, wann de politesche Wëllen do ass, da setzt een d'Prioritéiten esou wéi een et fir richtig fënn an da suert een och derfir, datt dat esou exekutiert gëtt.

Ee Wuert vläicht zur Finanzéierung. Et ass jo geduecht datt et iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs geschitt. Ech si frou, datt hei d'Loi de garantie eng Kéier net beméit gëtt, well mer jo an der leschter Zäit esou dacks d'Tendenz hate fir d'Statsschuld kënstlech ze camoufléieren, fir dann iwwert dat Instrument ze furen. Ech hoffen, datt mer an deene Joren, wou mer net méi esou vill Geld hunn - an déi komme ganz sécher, ech deelen den Optimismus vum Budgetminister, dee geschter hei gesot huet: A wann et dann an deenen nächste Jore sollt kommen, datt mer net méi esou gutt géngen do stoen, da misst ee sech aner Iddien afale loosseren; déi Zäite komme ganz sécher, do brauche mer iwwerhaupt net méi driwwer ze spekuléieren, - dann awer d'Prioritéite weiderhi richtig setzen, an déi Projeten, déi mer hei gestëmmt hunn, déi mer brauche fir eise Leit déi Sécherheet an déi Liawensqualitéit ze ginn, déi se verdéngen, datt mer déi Projete virzéien an datt anerer, déi manner noutwendeg sinn, zrëckgestallt ginn.

Dann, Här President, wollt ech e Wuert soen zum Standuert. Dat ass jo och hei schonn de part et d'autre ugeschnidden an diskutiert ginn. Den Här Minister huet gesot: Mir ware jo ganz fei mat de Sozialisten oder mam Burgermeeschter vun Diddeleng fir de Laboratoire dann dohinner ze huelen. Den Här Di Bartolomeo huet geschwat vun enger ganz seriö verstanener Dezentralisatioun. Ech muss awer soen, och wa mir ëmmer hei fir de Prinzip vun der Dezentralisatioun age-tratt



sinn an en och weiderhin ënnerstëtzen, si mer an dësem prezise Fall awer der Meenung, datt et net eng seriö verstanen Dezentralisatioun ass.

Wa mer kucke wou mer eis Kliniken haut stoen hunn, d'Capacitéte vun eise Kliniken, da gesi mer, datt de ganz groussen Deel, ech erlabe mer emol ze soen ëm déi 75, 80% vun eise Capacitéiten, hei an der Stad oder an der direkter Noperschaft vun der Stad sinn. An et kommen nun emol Situatiounen vir wou Échantillons, déi prélevéiert ginn, ganz séier mussen examinéiert gi mat deem néidegen Équipement a virun allem mat deenen néidege Spezialisten, déi da kënnen jugéieren, wat dann an deem engen oder anere prezise Fall lass ass. Mir liesen am Projet, datt e Système de télépathologie, der Division d'anatomie pathologique et méiglech maache fir eng Interprétation de coupe histologique kënnen d'urgence an op Distanz ze maachen, mat Hëllef vun engem Microscope téléguidé, fir auslännesch Spezialiste mat erunzezéien, wann iergendwelch Zweifele sollte sinn iwwer e Befund. Dat hëllef awer deenen Dokteren net, déi an de Kliniken amgaange sinn ze operéieren an déi sech net sécher sinn, wéi se solle weiderfuere mat der Operatioun. Do muss effektiv dat, wat prélevéiert ginn ass, op d'Plaz transportéiert ginn.

Dofir liest ee jo och an et héiert een, an et ass jo hei schonn driwwer geschwat ginn, datt soll d'Méiglechkeet bestoen dann den Helikopter anzesetzen, fir da séier deen Transport an de Laboratoire ze maachen. Ech mengen, dat wär awer eleng schonn de Beweis derfir, datt dee Laboratoire hei op déi falsch Plaz stoe kéint. Well, mir hu jo een Helikopter, deen och der Police zur Verfügung steet, an den Hasard wëll et ganz sécher, déi eng oder aner Kéier, datt deen do am Asaz ass, an deenen aneren ass bei engem Accident am Asaz, oder si sinn allen zwee bei Accidenter am Asaz, an da soll dringend eppes gefouert ginn.

A mir hu jo méi Kliniken, wou gläichzäiteg operéiert gëtt, an da geet dann de Problem un, datt den Transport net séier genuch ka gemaach ginn, datt d'Doktere mussen waarden, datt eventuell dann erëm de Patient zougemaach gëtt an iergendwann duerno erëm opgemaach gëtt an esou weider an esou fort.

Mir sinn einfach der Meenung, datt d'Kliniken an e Laboratoire beienee gehéieren an dass dee politesche Kouhandel - dat virdu ware jo och schonn alles Kouhandel -, deen hei gemaach ginn ass, net am Intérêt vun der Lëtzebuerger Populatioun, net am Intérêt vun de Patienten an och net am Intérêt vum medezinesche Personal ass.

Här President, e Wuert nach zum Bau. Et schéngt jo e ganzt flott Gebai an e modernt Gebai ze ginn, wou och un eng modern Energieversuergung geduecht ginn ass. Ech hätt zwar geduecht, just bei neie Gebaier hätt een nach kënnen e Schrack méi wäit goen an déi Flächen, déi do zur Verfügung stinn, kënnen notze fir Photovoltaik an och fir thermesch Heizung, thermesch Energie ze notzen. Et ass hei gesot ginn, dass eng Chaudière centrale do ass, datt ee praktesch fossil Energie oder Energie vu baussen, esou wäit wéi et iergendwéi méiglech ass, hätt kënnen évitéieren.

Ech mengen, bei Statsgebaier, a ganz besonnesch wann nei Gebaier gebaut ginn, kéint een do wierklech de Maximum eraushuelen, d'autant plus wou mir jo wëssen, datt mir duerch Kyoto ganz béis an d'Klemm kommen a wierklech alles mussen maache fir eisen Energieverbrauch ze reduzéieren.

Dann nach e lescht Wuert zum Veterinärlaboratoire. Mir begreissen et, datt Aktivitéiten do zesummegeleucht ginn, wou se zesummegehéieren. Dat betrëfft ganz sécher

en Deel vun deem, wat am veterinärmedezinesche Beräich leeft, notament an der Virologie, wou dack deier Équipement gebraucht ginn, wou dack mussen Sécherheetsdispositiver, déi vill Geld kaschten, agebaut ginn, déi een da kann esouwuel fir d'Humanmedezin wéi fir d'Veterinärmedezin notzen. Dat ass ganz sécher sënnvoll.

Et gëtt awer och aner Beräicher an der Veterinärmedezin, wou mir eis géinge wënschen, datt een déi am Statslaboratoire, am landwirtschaftleche Laboratoire zu Ettelbréck géing usiedelen, notament do wou d'Bauere selwer mat Saachen dohinner fuere fir analyséieren ze loossen. Dat betrëfft Fudermëttel a betrëfft awer, fir nëmmen ee Beispill ze soen, Prouwe vu Mëllech vu Kéi, wou d'Audergewebe erkrankt ass, wou een och ganz séier muss e Befund hu fir richteg kënnen ze behandelen. Ech géing et net glécklech fannen, wann d'Bauern aus dem ganze Land, wa se da gär esou eng Prouf séier ënnersicht hätten, misste bis op Diddeleng fuere. Ech fannen, dat géing dann awer ganz sécher éischter an de Laboratoire op Ettelbréck gehéieren.

Här President, ech kommen zum Schluss. Mir gesinn d'Noutwendegkeet an d'Nëtzlechkeet vun deem Gebai hei an. Wat et méi séier gebaut gëtt, wat et besser ass. Mä mir bedauern, datt just de Laboratoire, dee bei d'Klinike gehéiert - ech soen et nach eng Kéier, sou no wéi méiglech dohinner, wou déi meeschte Klinike sinn -, op där falscher Plaz gebaut gëtt. Mir soe Jo zum Bau, mir soen Neen zum Standuert, an dofir wäerte mir eis bei dësem Projet enthalen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

**M. Jean Huss (DÉI GRENG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Grénger Fraktioun wëll ech och dem Rapporteur vun dësem Projet hei merci soen. Well hien awer de Projet hei am Detail erkläert huet a munches och vu menge Virriedner widderholl ginn ass, ass et net mäi Rôle dorobber am Detail nach eng Kéier anzegoen.

Ech wëll meng Interventioun dofir konzentréiere just op zwee Punkten, op déi ech kuerz wëll agoen. Éischens op den Historique, wou och schonn eng Rei Virriedner dovunner geschwat hunn, dee wéineg glorraichen Historique, deen zu dësem hei virleiende Bauprojet zu Diddeleng gefouert huet, well een awer eppes dozou muss soen.

An zweetens awer och wëll ech agoen op den Inhalt vum neie Statslabo, seng Roll a seng Missiounen, well do schéng mir, wann ee sech baséiert op den Exposé des motifs vum virleiende Gesetz, a wann ech dat richteg gelies a verstanen hunn, eng Partie Ongereimtheeten, Lacunen oder zumindest fir mech Onkloerheeten oder Mëssverständlechkeete virzeleien, op déi déi Betreffen, ech selwer, d'Offentlechkeet an dës Chamber vun der Regierung awer wäerte kloer Äntwerten erwaarden.

Zum éischte Punkt, dem Historique, deen elo zum Neibau vum Statslabo zu Diddeleng geféiert huet. Ech wëll elo an deem Kontext am Ennersched zu anere Virriedner net méi op déi leideg Standuertfro do zrëckkommen; déi Saach ass décidéiert a gelaf. Vill méi problematesch wéi dësse parteipolitesche Kouhandel ass an eisen Aen de ganzen Historique - déi onendlech Geschicht, dat ganzt jorelaangt Trauerspill ëm de Statslabo an déi Schwéiergebuert vun dësem Projet de loi.

Wat mengen ech mat Wierder wéi Schwéiergebuert oder Trauerspill? Nun ass jiddferengem bekannt, ënner wéi engen onwierdege bau-

lechen an infrastrukturelle Konditiounen d'Chercheuren an d'Personal vum Statslabo gezwoungen sinn ze schaffen. An eise Kommissionsbericht gëtt dozou richtegerweis Folgendes gesot, ech zitéieren: „Le manque de place des locaux actuels (...) a conduit à des situations qui du point de vue de la sécurité du travail et des conditions hygiéniques sont devenues insoutenables voire intolérables.“ Et muss een déi Wierder mol ënnersträichen: insoutenable an intolérable. Hei gëtt an deem Kontext esouguer geschwat vum Risiko, keng europäesch Akkreditierung als Referenzlabo méi ze kréien, wat natierlech fir Lëtzebuerg méi wéi eng penibel Geschicht wär.

Dir Dammen an Dir Hären, dës desolat Zoustandsbeschriewung ass natierlech ganz realistesch, an et ass dofir och héich Zäit, datt elo endlech eng aner Léisung ugaange gëtt. Mir kënnen allerdéngs, well dës Zoustänn zënter mindestens 15 bis 20 Joer scho bekannt waren, de politesche Responsabelen de Reproche net erspueren, datt se awer problemlos, an zwar jorelaang - déi ganz 90er Joren -, dës bekannten insoutenabel an intolérable Zoustänn toleréiert hunn an en Neibau verschlof oder verschleift hunn, esou datt dann elo fréistens am Joer 2007 oder 2008 den neie Statslabo wäert stoen, an d'Personal vum Statslabo ënner normalen, modernen Aarbechtskonditiounen wäert kënnen schaffen. Déi onendlech, jorelaang Dauer vun dëser Entwécklung schreift sech an eisen Ae jiddefalls net an als Ruhmesblat vu seriöser politischer Planung, an dofir sinn am stäerkste sécherlech d'CSV an d'LSAP verantwortlech.

#### (Interruptions)

Elo, Dir Dammen an Dir Hären, zum zweeten Aspekt vun dësem Projet, deen am Fong just e Bauprojekt ass, deen 88 Milliounen Euro soll kaschten an iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs soll finanzéiert ginn. De Problem ass hei, dass de Bau vun engem neie Statslabo absolut net vergläichbar ass mam Bau vun enger Sportshal, engem Kulturzenter oder iergendenger anerer Hal, well bei engem Statslabo den Inhalt, d'Missiounen an d'Zesummespill vun deenen eenzelnen Divisiounen ënnerteneen evident Konsequenzen hunn op d'Architektur an d'Organisatioun vun esou Gebailechkeeten.

Am Exposé des motifs vun dësem Gesetz ginn ënnert dem Chapitre 3 an dem Intitulé "Missions et activités futures du Laboratoire National de Santé" zwar eng Partie vun inhaltlechen Aussoe gemaach, mä grad dës Aussoe werfe fir mech awer eng Rei vu Froen op, wat déi zukünfteg Roll vum neie Statslaboratoire betrëfft. Eis schéngt do jiddefalls nach munch Onkloerheet virzeherrschen, sou datt mir der Meenung sinn, dat mir jiddefalls nach en neit, also en zweet Gesetz bräichten, wat a prezise Gesetzesartikelen déi zukünfteg inhaltlech Roll vum zukünftige Statslabo mat sengen Divisiounen géing definéieren.

Här Minister, ass, a wa jo wéini, mat esou engem méi prezise Gesetzestext ze rechnen, zum Beispill wat déi definitiv Definitioun vum Statut vum Statslabo a vu sengem Personal ubetrëfft, wat och d'Definitioun vun de prezise Missiounen vun den eenzelnen Divisiounen vum Statslabo betrëfft?

Bleiwe Statut a Missiounen déiselwecht wéi haut - wat a mengen Ae gréisstendeels sënnvoll wier, ausser déi Saachen déi ausgebaut solle ginn - oder wat soll do änneren? A wa sech Saachen do sollen änneren, firwat? Wann een den Exposé des motifs liest, da steet do

näischt - ech hunn op jidde Fall näischt gelies - iwwert den zukünftige Statut. Mä wat d'Missiounen betrëfft, sou schéngt deen hei virleienden Exposé des motifs awer eng Rei an eisen Ae problematesch Ännerungen vun de Missiounen virzegesinn; haaptsächlech wat d'Missions de contrôle vum zukünftige Statslabo betrëfft.

Bei dëse Missions de contrôle vum Stat a sengem Statslabo ginn - am Text vum Exposé des motifs erëm eng Kéier, wann ech dat richteg verstanen hunn - nach just de Contrôle vun de Medikamenter a vun den Denrées alimentaires ugefouert. Dës Kontrollmissiounen sollen natierlech an eisen Aen evidenterweis vum Statslabo esou gemaach ginn, fir eng onofhängeg neutral norméiert a standardiséiert Kontroll dovunner kënnen ze assureieren, wat bei Privatlaboen eventuell net ëmmer esou garantéiert wier. Mir sinn also selbstverständlich och fir dës staatlech Kontrollmissiounen vun de Medikamenter a vun de Liewensmëttel.

Mä mir mengen awer, datt dat net duer geet, datt och aner Divisiounen, virun allem déi, déi sech mat aarbechtsmedezineschen Analysen a mat ëmweltmedezineschen Analyse beschäftegen, weiderhin och dës Missions de contrôle misste behalen an net just eng Mission du diagnostic, well grad och op esou Gebidder ee wierklech en neutralen, onofhängegen a vu kengem kommerziellen Interesse beaflosste Contrôle noutwendeg bleift. Analysen a Kontrollen, grad an esou heiansdo ganz delikate Beräicher, wat méiglech gesondheetlech, juristesche a finanziell Konsequenzen a Problemer kann hunn, sollten ënnert de Kontrollresponsabilitéiten an de Kontrollmissiounen vum Statslabo, deen als Laboratoire de référence weiderhi muss opgewäert ginn, bleiwen. An et ass mer, wéi gesot, net verständlech, datt déi zoustänneg Divisioun do keng Mission de contrôle, mä nach just eng Mission de diagnostic sollt hunn - wann ech dat, wéi gesot, erëm eng Kéier richteg aus Ärem Exposé des motifs verstanen hunn.

Wa mer, wat jo dach eigentlech virgesinn ass, zum Beispill de Rôle vun der Ëmweltmedezin hei zu Lëtzebuerg wëlle stäerken, wa mer zum Beispill och a Richtung vun enger ëmweltmedezinescher Klinik wëlle goen, déi e wëssenschaftlech héije Standard an Europa muss kréien, dann ass grad d'Analytik- an d'Kontrollmissioun vun dëser Divisioun vum Statslabo absolut onverzichtbar, an dofir, wéi gesot, stelle mer eis Froen iwwer eng Rei vun inhaltlechen Definitiounen oder eventuelle Lacunen an dësem Exposé des motifs.

Mir brauchen, Dir Dammen an Dir Hären, en High-Tech-Statslabo, dee sech net méi sollt müssen ofgi mat Banalitéiten, zum Beispill mat Cholesterol, Zocker oder Gamma-GT-Analysen, dat kënnen och aner Privat- oder Spidolslaboe grad esou gutt maachen. De Statslabo soll an eisen Aen de Referenzlabo si fir héich qualitativ a spezialiséiert Analysen- a Kontrollmissiounen, an duerrfir wiere mir op jidde Fall frou, wa mer am Kontext vun engem zweeten, op d'Inhalter an d'Missiounen bezunnene Gesetzestext, nach eng Kéier méi prezis iwwert dës Aspekter géifen diskutéieren a légiféréieren.

Am leschten Deel vun dëser kuerzer Interventioun wëll ech, Dir Dammen an Dir Hären, nach op en anere Problem oder eng eventuell Lacune vum virleienden Exposé des motifs agoen, a mir hunn zu dësem Punkt och eng Motioun un d'Regierung hei virzebréngen.

Et geet ëm d'Surveillance- an d'Kontrollmissioun vum Statslaboratoire, wat d'Qualitéitskontroll vun der Analytik vu Privatlaboen oder vu Spidolslaboratoire betrëfft, déi bis elo laut Gesetz ebe vum Statslabo gemaach goufen. Am virleienden Exposé des motifs gëtt dovunner net méi geschwat. Et ass even-

tuell einfach vergiess ginn, ech weess dat net. Mä well dat, nämlech d'Iwwerwaachung- an d'Qualitéitskontroll vun de Privat- a Spidolslaboen, awer vun engem wëssenschaftlechen awer och vun engem gesellschaftspolitesche Point de vue absolut onverzichtbar ass; an dat geschitt am Ausland genau esou, kuckt d'Landesiwwerwachungsämter an de Bundesländer an Däitschland oder kuckt an der Belsch.

Dofir wiere mir frou, Här Minister, wann der dës Motioun hei kéint unhuelen. Här President, hei ass déi Motioun, déi am Fong dem Statslaboratoire déi Qualitéitskontroll iwwert d'Privat- an iwwert d'Spidolslaboratoire sollt ginn.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

- *considérant la nécessité d'une adaptation des missions et des structures du nouveau laboratoire national de santé aux besoins nationaux et internationaux, actuels et futurs;*

- *considérant le rôle important de laboratoire de référence et de laboratoire de contrôle incombant au nouveau laboratoire national de santé;*

- *considérant les missions légales déjà retenues dans la loi du 21 novembre 1980 portant réorganisation de l'institut d'hygiène et de santé publique et changeant sa dénomination en laboratoire national de santé et plus particulièrement son article premier, item 6 a mission d'assurer en collaboration avec les laboratoires des établissements hospitaliers et les laboratoires médicaux privés du pays, l'élaboration et l'harmonisation de méthodes et techniques de laboratoire;*

- *considérant la surveillance de la qualité et le contrôle général des laboratoires d'analyses médicales conformément à la loi du 16 juillet 1984 relative aux laboratoires d'analyses médicales;*

- *considérant l'autorité, sous forme de la qualité d'officier de police judiciaire, conférée aux cadres universitaires du LNS pour diverses missions de contrôle de laboratoires et de produits;*

- *constate que le projet de loi relatif au nouveau laboratoire national de santé ne mentionne pas les missions de contrôle général des laboratoires d'analyses médicales privés et hospitaliers du pays;*

*invite le Gouvernement*

- *à bien vouloir réserver la mission de contrôle général des laboratoires d'analyses médicales au nouveau laboratoire national de santé et à y prévoir l'infrastructure spatiale requise.*

(s.) Jean Huss, François Bausch, Camille Gira, Dagmar Reuter-Angelesberg, Renée Wagener.

Dir Dammen an Dir Hären, et géif sécherlech nach munches zu dësem Projet de loi inhaltlech gesinn ze soen. Zum Beispill wat den Ausbau vun der Épidémiologie ubelaangt, dee mir, an der Form wéi en hei virgesinn ass, natierlech ënnerstëtzen. Et kéint een awer och zum Beispill driwwer diskutéieren - an dat wier erëm eng Kéier wicteg am Kontext vun der Aarbechtsmedezin a vun der Ëmweltmedezin -, fir zum Beispill déi molekular genetesch Analytik nach e wéineg hei zu Lëtzebuerg auszubauen, fir besonnesch zum Beispill genetesch Polymorphismen ze analyséieren, déi bei ville Leit déi op der Aarbecht krank ginn oder duerch d'Ëmwelt krank ginn a vill méi ufälleg si wéi anerer. Dat kann een duerch esou molekular genetesch Analysen, duerch d'Analyse vu genetesch Polymorphismen feststellen. An dat wier zum Beispill eng Saach, déi een och hei an eise Statslaboratoire kéint weiderentwéckelen an ausbauen.



Ech wëllt awer, well d'Gesetzesartikele vum virleiede Projet sech just op de Bau elo vun dësem Statslabo zu Diddeleng selwer bezéien, elo zum Schluss kommen a soen, datt et natierlech kloer ass, well mer natierlech dësem Projet als Neibau och zu Diddeleng kënnen zoustëmmen a mir hoffen am Intérêt vum Personal, datt sech de Bau dovunner net nach eng Kéier esou laang drop wäert hinzéie wéi d'Diskussionen iwwert den Neibau an d'Konzeptioun vun dësem Projet, well si hunn et verdingt endlech an uerdentleche Konditiounen kënnen ze schaffen.

Ech wier, Här Minister, awer dankbar um Schluss, wann Der mer kéint op déi opgeworfe Froen, souwuel wat de Statut ubelaangt wéi och wat d'Kontrollmissiounen ubelaangt, besonnesch och wat déi Motioun ubelaangt, wou et ëm d'Qualitéitskontroll vu Spideeler a Privatlaboe geet, Opschloss drobber ginn. Wéi gesot, wat de Projet selwer ubelaangt ass et kloer, datt mer kënnen dofir stëmmen.

Merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister.

Neen, fir d'éischt d'Bauteministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Entschëllegt, Madame Minister, den Här Fayot huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Ganz kuerz, Här President. Ech wollt net op de Bau agoen, deen den Här Di Bartolomeo jo intensiv behandelt huet. Ech wollt just och an deem Sënn, deen den Här Huss elo développéiert huet, eigentlech menger Verwonderung Ausdruck ginn, dass mer hei eppes bauen, ouni dass mer ons festgeluecht hunn, wat da mat der interner Struktur vum Laboratoire National de Santé soll geschéien.

Ech erënneren drun, dass dee Laboratoire National de Santé, dee mer elo hunn, op e Gesetz vun 1980 zrëckzeféieren ass, an dat Gesetz vun 1980 ass an de 70er Jore preparéiert ginn. Haut si mer 2003 an enger zum Deel ganz aner Situatioun wat dee Laboratoire ugeet an ech menge schonn dass, wa mer e Bau dohinner setzen, dann ass et net egal wat an dee Bau kënnt a wéi dat an dee Bau erakënn. Mir kënnen haut och keng Schoul méi baue wéi mer se virun 30 oder 40 Joer gebaut hunn. Et kann een haut keng Schoul just mat Klasesäll bauen, nach muss ee wësse wéi grouss déi Klasesäll sinn, well haut d'Effektiver vun enger Klass anescht si wéi virun 30, 40 Joer, an ech menge beim Laboratoire National de Santé, ouni dass ech dovun dann hei mech als Spezialist wëll opféieren, wier dat och de Fall. An ech sinn och frou, dass d'Madame Minister vun der Recherche hei bei ons ass, déi jo och eng aner Kap als Bauteminister huet. Mir hunn also alleguerten d'Fachministeren hei.

Ech wollt den Här Gesondheetsminister also froen, ob mer dann elo fir dee Laboratoire National de Santé virgesinn, wéi et hei och scho gefrot ginn ass, en Établissement public doraus ze maachen, well mer jo gesinn dass déi traditionell Verwaltungsstruktur vun deem Laboratoire eng Partie Problemer mat sech bréngt.

Mir waren als Kommissioun vun der Recherche eng Partie Recherche-Institutionen kucken a mir hunn zum Beispill beim Laboratoire National de Santé gesot kritt, dass déi Recherche, déi an deem Laboratoire do stattfënnt, muss iwwer Emweeër organiséiert ginn, fir dass se iwwerhaupt ka stattfannen, a besonnesch och wann zum Beispill eng Participatioun un europäesche Programmer stattfënnt, ass et guer net esou einfach dat an där Struk-

tur do ze maachen. Dofir mengen ech schonn - et ass jo och hei geschat ginn -, dass eventuell soll d'Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg stattfannen: de CRP - Santé huet jo och eng Roll doranner ze spillen. Ech menge schonn, dass d'Struktur vun engem Établissement public méi einfach wier wéi eng reng Verwaltungsstruktur. Ech erënnere mech, dass iwwert den Établissement public vum Laboratoire National de Santé nogeduecht ginn ass, fir deen an dräi Deeler anzedeele: engersäits de Contrôle alimentaire, anerersäits d'Surveillance biologique an drëtzens de Contrôle des médicaments.

Mir wëssen, wat de Contrôle alimentaire ugeet, wat fir Problemer mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech erënneren drun - an den Här Mehlen huet dat jo och schonn hei duergeluecht -, dass mer e Rapport vun der Regierung am Juni 2000 virgeluecht kritt hunn, an deem steet - ech zitëieren ee Saz doraus -: „Au Luxembourg, le système de sécurité alimentaire est un conglomerat de multiples institutions dépendant de plusieurs ministères, ainsi chaque institution dispose de multiples attributions avec entre autres celle de la sécurité alimentaire.“

An et war deemools och bedauert ginn, dass et heiandsdo ganz schwierig ass déi zesummen ze bréngen. Ech weess, dass an der Tëschenzäit d'Regierung e Comité de coordination driwwer gesat huet. Mä ech mengen, op d'laang Weil géif dat net duergoen, well d'Erausfuenderunge vun der Sécurité alimentaire, déi mer bei deene verschiddene Skandalen gesinn hunn, sinn därmoosse grouss, dass mer ons menger Ansicht no net mat engem Comité de coordination begnüge kënnen, an ech menge schonn dass de Laboratoire National de Santé soll eng eminent Roll an där Sektoun hunn, déi sech ëm de Contrôle alimentaire bekëmmert.

Datselwecht gëllt fir d'Surveillance vun de Medikamenter, déi jo och a verschiddenen Hänn läit. De Ministère de la Santé huet eng Roll doranner ze spillen, mä och de Statslaboratoire huet eng Roll doranner ze spillen, natierlech net déiselwecht, mä et sinn eng Partie Iwwerlappungen do méiglech, an dofir mengen ech och dass een an deem Établissement public, deen een do schaaft, deem Contrôle des médicaments méi Flexibilitéit soll ginn.

Mir wëssen, dass dee Contrôle des médicaments och op europäeschem Plang stattfënnt, mat der europäescher Agence vum Contrôle vun deene Medikamenter a vun der Mise sur le marché vun de Medikamenter, duerno mat der Pharmaco-vigilance. Dat sinn alles Problemer, déi am Laboratoire National de Santé zesummelafen. Och do sinn d'Strukture menger Ansicht no net flexibel genuch fir dat ze erméiglechen, an dofir schéngt et mir wichteg ze sinn, dass d'Regierung ons seet, ob dann elo dee Bau, dee mer selbstverständlech begrëssen an deen noutwendeg ass, an Zukunft enger modern flexibeler Struktur fir d'Erausfuenderunge vun onser Zäit um Gebitt vun dem Laboratoire National de Santé entsprécht an ob allméiglech Synergien an allméiglech Zesummenaarbecht do méiglech sinn.

Dat waren déi Froen, déi ech wollt stellen. Ech menge schonn, an ech sinn do absolut mam Här Huss d'accord, dass mer net derlaanscht komme relativ schnell ons Gedanken ze maachen iwwer eng modern Struktur vum LNS nom Gesetz vun 1980.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Bauteministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux**

**publics.** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech sinn natierlech als Bauteministesch frou datt dës Regierung prioritär konnt och ee vun deene Punkten, wou mer laang Diskussiounen gebraucht hunn ier mer zu enger Konkusioun komm sinn, ofschléissen. De Laboratoire ass ee vun deene Projeten, d'Cité judiciaire ass am Chantier an domadder, mengen ech, hätte mer an dëser Regierung vläicht dat och erëm riicht gebéit, wat an anere Regierungen dann eventuell verschleeft oder verpasst ginn ass.

Et ass scho richtig, datt d'Geschicht vun dësem Neibau vum Laboratoire eng Geschicht ass, déi och mat den Inhalter ze dinn huet. A mir wäre vläicht net esou an d'Schleefe komm, wann net ëmmer nees bei all neie Projet, schonn 1980 war dat de Fall, Här Fayot, Dir waart dunn och schonn an der Chamber, wéi mer iwwert d'Emweltverwaltung an dee Laboratoire diskutéiert hunn. Do huet sech schonn d'Fro vun engem Neibau gestallt. Et ass, well mer an der inhaltlecher Fro net eens waren, dass mer ni bis zu engem finaliséierte Bauprogramm komm sinn. An eben dat ass d'Ursaach, firwat datt mer elo mat dësem Bau virgeprescht sinn, andeems mer der Chamber awer selbstverständlech an Aussicht stellen, datt déi zweet Phas fir de Laboratoire vétérinaire, an de Laboratoire vum Waasser nozeschéissen, fir dann net erëm eng Kéier an deen Däiwelskrees eranzekommen, wou dann ee Projet géif hänke bleiwen, well déi aner programmatesch Diskussioun nach net bis zu Enn gefouert ginn ass.

Dat gesot, wëll ech awer zur Geschicht bäifügen - den Här Bettendorf huet se hei gemaach -, datt 1999 mäi Virgänger en Architektenconcours lancéiert hat, deen och zu engem Ofschloss komm ass, fir de Laboratoire op de Kierchbiarg ze bauen. Mir hunn déiselwecht Architekten bäibehalen. Mir hunn domadder vill Zäit gewonnen a mir konnten dofir dëse Projet finaliséieren, nodeem d'Regierung d'Décioun geholl hat fir en op Diddeleng ze setzen.

Iwwert de Standuert kann een diskutéieren. Ech sinn op jidde Fall der Meenung, datt de Standuert zu Diddeleng méi Raum gëtt, méi Plaz gëtt an domadder och d'Uschleisse vun deenen aneren zwee Laboratoire méiglech mécht. Datt een domadder, wat ee vläicht op där enger Säit kann als negativ Bewäertung dobäisetzen, awer an der positiver Bewäertung, datt den Ausbau méiglech ass, dann ausgläichen.

Dat gesot ass natierlech de Laboratoire, wat dat Inhaltlecht ugeet, dem Santéminister ënnerstallt, an ech géif dofir all déi Diskussiounen, déi d'Form vu senger Struktur betreffen, Établissement public oder net, hei net wëlle kommentéieren. Ech wëll awer als Minister vun der Recherche ee Kommentar maachen an ech mengen, mir mussen bei alle Projeten, déi mer hei an deenen dote Beräicher diskutéieren, ëmmer d'Vernetzung gesinn.

Mir wäerten d'Chamber deemnächst nach befaasse mat engem Neibau fir de CRP - Santé. Och am CRP - Santé sinn Aktivitéiten, déi selbstverständlech mat engem Laboratoire de référence - an do ass d'Regierung sech eens, de Laboratoire National de Santé, dat soll ee Laboratoire de référence ginn - mat allen anere Recherche-Institutionen zesummeschafft. Wat elo deen een a wat deen anere mécht an a wat fir engem wat fir eng Recherche gemaach gëtt, dat sinn Diskussiounen, déi sech tëschent deene verschiddenen Établissementen mussen dinn. Dobäi kënnt, datt op der Universitéit ganz

sécher d'Planung vun engem Laboratoire de biologie moléculaire virgesinn ass, fir déi Aktivitéiten, déi dann am Kader vun der Universitéit do stattfannen, esou datt een hei net eng eenzeg Diskussioun iwwert den Inhalt vun dem bestehende Gesetzesprojet ka féieren, ouni déi aner Evolutiounen mat a Rechnung ze zéien.

Dat gesot, Här President, ass dëst e grouss Schrëtt, well et ass wichteg, datt mer dat, wat während laange Joren u gudder Aarbecht an deem Laboratoire geleesch ginn ass, och honoréieren duerch ugepasste gebailech Infrastrukturen, an ech denken, datt déi zweet Phas bis de Mee 2004 prett wäert si fir en zweete Projet, fir och de Laboratoire vétérinaire an dee vum Waasser zu Diddeleng nozeschéissen, fir déi dann der parlamentarescher Zoustëmmung ze ënnerbreeden.

Dat gesot, sinn ech zefridden domat, datt mer jo vun der Chamber eng grouss Zoustëmmung wäerte kréien. Ech denken, datt mer op deem Site keng gréisser Problemer wäerte kréien, esou datt et mat den Aarbechten do och kann zügeg ugoen, an dat gesot, ass dëse Vote vun engem neie Laboratoire ee Vote, dee Meilesteng an eiser Geschicht setzt, deen dat riicht béit wat sollt u falsche Prioritéiten an der Vergaangenheet gesat gi sinn. Ech huelen dat als Satisfaktioun zur Kenntnis a mir wäerten eis beméien, d'Exekutioun vun dësem Bau esou séier wéi méiglech virunzedeiwen.

**M. le Président.**- D'Wuert huet nach de Gesondheetsminister, den Här Carlo Wagner gefrot.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, och ech därerf mech deene Wieder uschléissen, dass dat heiten haut e ganz, ganz groussen Dag ass. Ech wëll net op d'Vergaangenheet zrëckkommen. Ech stellen awer fest, dass déi heite Regierung just véier Joer gebraucht huet fir dat ze realiséieren, wat virdru während enger Dose Jore praktesch wéi et schéngt onméiglech war. Dofir wëll ech och alleguerten deene Leit merci soen, déi dozou bäigedroen hunn, dat haaptsächlech dem Ministère vum de Bâtiments publics. D'Madame Erna Hennicot-Schoepges an ech, mir hunn Hand an Hand geschafft, soss wier et och net méiglech gewiescht esou weider ze kommen.

Ech wëll awer och alleguerten deene Leit vu menger Säit aus aus der Santé a besonnesch och dem Här Kanz merci soen, well hien eise Leader war an deem dote Projet, an deen, wéi gesot, eng ganz excellent Aarbecht gemaach huet.

Ech wëll awer och erënneren un alleguerten déi Leit, déi de Moment am Labo schaffen ënnert ganz, ganz schwéiere Konditiounen. Do muss ech soen, fir ënnert esou Konditiounen ze schaffen, maache se trotz allem eng excellent Aarbecht. Och vun dëser Plaz aus hinne meng Unerkennung. An eppes méi wéi dräi Joer wäerte se endlech ënner anstännege Konditiounen schaffe kënnen.

Et ass vu verschiddene Säiten a besonnesch vum Här Huss ugeschnidde ginn, dass et net nëmme muss e Contenant ginn, mä dass een och muss e Contenu hunn. Mir versichen, esouwäit wéi d'Aarbechten an deem Groupe de travail, dee mer geschaffen hunn, fort-schreiden, déi verschide Missiounen vun den Divisiounen an hir Aktivitéiten ze definéieren. Et ass sous-entendu, dass dat nëmme en Ufank ass, dass dat nach wäert zu larken Debatte féieren, an dass selbstverständlech dofir muss a spéideren Zäiten en extrat Gesetz geschafte ginn.

Ech sinn des Weideren och gefrot ginn, wéi et elo wier mam Statut vun deene Leit. Ech muss lech eierlech soen, mir hunn eis bis elo

méi ëm d'Essenz même vun den Aktivitéiten vum Labo gekëmmert wéi ëm esou e Statut. Ech mengen awer, dass de Laboratoire national misst zwou Unitéite begräifen. Dat eent dat wär haaptsächlech déi mat de Missions de contrôle. Missions de contrôle am Domän vun de Medikamenter selbstverständlech, dann den Denrées alimentaires, mä awer och, an do ginn ech lech Recht, Här Huss, alles wat de Milieu biologique ubelaangt. Et ass sous-entendu, dass dat och muss drakommen.

**M. Jean Huss (DÉI GRENG).** - Dat steet awer net do, Här Minister.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Mir sinn an der Zwëschenzäit an eisen Aarbechten esouwäit, dass mer doru geduecht hunn.

Déi zweet Unitéit vun dem Labo, esouwäit wéi eis Gedanke fortgeschratt sinn, sollen effectivement d'Missions médicales sinn. Ech brauch lech se net alleguer opzezielen. Et sinn entre autres d'Microbiologie, d'Immunologie, d'Hématologie, d'Hormonologie, d'Anatomie pathologique an esou weider. Et kann een do och d'Santé-environnement dozou zielen.

Selbstverständlech, an et ass d'ënescht schonn hei ugeklongen, muss dat esou schnell wéi méiglech, à moyen terme op alle Fall, zu sou genannte Centres de référence féieren, wat eng Mission essentielle ass, déi mer eis fir dee Laboratoire virgeholl hunn. Dat wëllt och soen, dass déi Centres de référence oder Centres d'excellence a verschiddenen Domänen, notamment an der Recherche, mussen mat aneren Unitéiten zesummeschaffen. Ech denken do un éischer Stell un de CRP - Santé, awer och un de Centre Universitaire, wou ouni Zweifel eng excellent Kollaboratioun méiglech ass. Dat bréngt awer och mat sech, an dat steet am Exposé des motifs oder am Projet de loi, dass en fait esou e Laboratoire net destinéiert ass fir all d'Missiounen weiderzeféieren, déi an der Vergaangenheet do exercéiert goufen. Ech ka mer ganz liicht virstellen, dass sou genannten Analyses banalisées grad esougutt am Secteur privé oder an de Spideeler könnte gemaach ginn. Beispillsweis alles wat Blutanalysen, Urinanalysen ubelaangt. Mir müssen op där Säit de Labo e bëssen entlaaschten.

**M. Jean Colombero (ADR).** - Här Minister, d'Médecine légale, gëtt déi och do ugesiedelt?

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Iwwert d'Médecine légale hu mer scho vill diskutéiert. Déi lescht Erkenntnis, déi mer hunn, ass, dass wahrscheinlech Lëtzebuerg trotzdem ze kleng ass fir esou eng Unitéit sech unzeschaffen, mä d'Iddi u sech ass awer net totalement éliminéiert. Och do brauche mer nach weider Donnéeën. Dat ass verschiddentlech bei eis schonn ugefrot ginn, mä ech fäerten awer, Här Colombero, dass mer dofir hei zu Lëtzebuerg ze kleng sinn. Ech mengen, mir solle kucke fir an deene Centres de référence dat ze maachen, wat effectivement dem Land zoumuttbar ass. Fir aner Saache mussen mer vläicht mam Ausland weiderhi schaffen.

Dat, Dir Damen an Dir Hären, zu deene verschiddene Punkte wourop ech ugeschwat gi sinn. Nach eng Kéier mengen grouss Unerkennung un alleguerten déi Leit, déi zu deem Projet bäigedroen hunn. Ech mengen effectivement, dass dat haut eng grouss Avancée ass, wat d'Laboratoiresgeschichte vu Lëtzebuerg ubelaangt.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - D'Diskussion ass ofgeschlossen a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5195 a stëmmen driwwer of.



**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojekt.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5195 ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmme bei 7 Enthaltungen.

*Ont voté oui:* Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber, Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.*

*Se sont abtenus:* MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

**Motion 1**

Mir kommen zu der Motioun, déi den Här Huss abruecht huet. Déi Motioun ass ausgedeelt an explizéiert ginn, esou dass mer direkt kennen ofstëmmen.

Ass e Vote électronique verlaangt?

**(Assentiment)**

**Vote**

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun 1 ass ugeholl mat 12 Jo-, 33 Neestëmme an 13 Enthaltungen.

*Ont voté oui:* MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.*

*Ont voté non:* Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

*MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Mag-*

*gy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer.*

*Se sont abstenus:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Jean-Pierre Klein), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi.

Da komme mer zum Projet de loi 5207 iwwer en Embau vum Lycée Vauban um Lampertsbiërg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Här Scheuer, Bettendorf, Greisen an d'Madame Wagener. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nico Loes.

**2. 5207 - Projet de loi relatif au réaménagement des bâtiments du Lycée et Collège Vauban à Luxembourg-Limpertsberg**

**Rapport de la Commission des Travaux publics**

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, mat deem mir haut befaasst sinn, handelt iwwert de Réaménagement vum enger Partie Gebaier, déi sech an der Rue de la Faiencerie um Lampertsbiërg befannen, an dat fir de Kont vum Lycée a Kolléisch Vauban.

**(Interruption)**

Pardon, et ass eng Avenue de la Faiencerie um Lampertsbiërg.

De Projet ass den 8. September vum der Madame Erna Hennicot-Schoepges an der Chamber déposéiert ginn. De 6. Oktober 2003 huet d'Kommissioun an hirer Sitzung mech als Rapporteur bestëmmt. An därselwechter Sitzung huet d'Kommissioun vun den öffentlechen Aarbechten ausserdeem de positiven Avis vum Statsrot vum 23. September besprach.

Déi eenzel liicht Textännerungen, déi vum Conseil d'État abruecht goufen, sinn och vun der Kommissioun zréckbehalen ginn. De 25. November gouf dann de Projet de rapport mat grousser Majoritéit bei enger Abstentoun vum der Kommissioun ugeholl.

Erlaabt mer eng kuerz Presentatioun vum Lycée Vauban zu Lëtzebuerg ze maachen. De Lycée Vauban gouf am August 1984 op Wonsch an Initiativ vu franséischen a francophonen Eltere gegrënt, fir dass hir Kanner och hei zu Lëtzebuerg den Enseignement secondaire français ugebuede kréischen. De Stat huet eng Hand mat ugepaakt. De Lycée Vauban erlaabt et deenen Elteren, déi weinst hirer Aarbecht oft d'Länner musse wiesselen, hir Kanner a Schoulstrukturen anzeschreiwen, sou wéi se se och an hiren Heméchtslänner virfannen. D'Offer vum Lycée Vauban, wéi och vun deenen aneren internationale Schoulen, steigt stänneg. Mir mussen enger Demande vun ëmmer méi Kanner Rechnung droen.

**(M. Jean Asselborn prend la Présidence)**

Wa mir d'Schülerzuelen an deene leschte Joren analyséieren, kënnen mir e konstanten Zouwuess fir de Lycée an de Kolléisch Vauban feststellen. Waren am Joer 1996/97 191 Kanner ageschriwwen, esou waren dat der bei der leschter Renée 330, eng Steigerung vu méi wéi 60% an deene leschte siwe Joer. Och wann de Gros vun dese Schüler franséischer Nationalitéit ass, esou huelen awer och eng Partie belsch a lëtzebuergesch Kanner un deem Unterrecht deel.

Mat engen 330 Schüler huet de Lycée Vauban seng maximal Capacitéit erreicht, an et huet deemno missen iwwert de Réaménagement vun deene bestehende Gebaier nogeduecht ginn. Am Moment sinn d'Schüler alleguer vum Lycée Vauban a provisoreschen Infrastrukturen an der Rue Sax um Lampertsbiërg ënnerbruecht, wou de Contrat de bail den 31. Abrëll 2005 ausleeft. Déi meescht vun dese Strukturen sinn aus Holz an hu méi wéi 35 Joer um Bockel, an an deene leschte Joren ass et an deenen Infrastrukturen och dozou komm, dass Waasser erakomm, dass et era gereent huet, dass d'Plaffongen erofgefall sinn, esou dass des Raimlechkeeten net méi deenen aktuelle Sécherheetskriterien entspriechen.

Deen neie Site, dee fir d'Ennerbréngung vum Lycée Vauban virgesinn ass, besteet aus dräi Gebaier, déi kënnt Der och op deene Pläng, déi am Projet de loi bällegen, gesinn. Dat sinn d'Gebaier A, B a G, déi an der Avenue de la Faiencerie bis d'Joer 2000 nach vun der École américaine besat waren. D'Gebaier A ass en aalt Klouschter aus dem 19. Jorhonnert a besteet aus dräi Stäck, wou am Moment 14 Klassenäil, fënnf Laboen an och nach aner Säll ënnerbruecht gi sinn. Hei sinn och d'Raimlechkeete vun de Professeren, der Administration an der Direktioun. D'Gebaier B ass méi rezent gebaut a besteet aus véier Stäck an engem Keller, an dat drëtt Gebai ass e Gymnase mat zwou Annexen, dat 1985 gebaut ginn ass, an an deem Gebai befanne sech momentan eng Sportshal esouwéi d'Vestiairen an och déi entspriechend Sanitärariichtungen.

Wat elo de Bauprogramm betrëfft, esou gëtt deene pedagogeschen, hygieneschen a Sécherheetsnormé Rechnung gedroe fir de Lycée Vauban esou funktionell wéi méiglech fir d'Schüler ze gestalten. De Bauprogramm gesäit deemno den Aménagement voire Réaménagement vun deenen normale Klassenäil, de Spezialäil, den administrativen Aariichtungen an der Structure d'accueil vir. Ech mengen, et ass wichteg dass och hei Structure geschafe gi fir dass d'Schüler éischters mueres emol do kënnen empfaange ginn an och mëtten anstänneg zerwéiert ginn, voire dass se sech do kënnen ophalen.

Fir de Moment kënnen d'Schüler vum Lycée Vauban an de Kantine vum Lycée technique du Centre a vum Lycée technique Michel Lucius iesse goen. Well des Gebaier awer hire Schoulunterrecht op d'Journée continue ëmgestallt hunn, sinn dofir keng Sätzplaze méi do an deenen zwee Restaurants scolaires, an et huet deemno missen no Alternative gesicht ginn. Dat heescht et kënnt e Restaurant scolaire mat enger voll équipierter Kiche fir eng 100 Schüler an de Lycée Vauban, déi deenen hygieneschen an och de Sécherheetsnormen entsprécht an déi capabel ass fir 200 Menüen den Dag ze preparéieren.

Wat d'Verdeelung vun de Raimlechkeeten ugeet, esou ass Folgendes virgesinn: nämlech 22 nei Klassenäil mat enger Capacité unitaire fir 30 Schüler, dräi polyvalent Laboratoire fir déi verschidde Fächer wéi Biologie, Chimie a Physik, zwee Informatikssäll, jee ee Sall fir Géographie, Geschicht, Musik, Zeechnen an Turnen. Fir d'Direktioun, d'Administration an d'Proffes si Büro virgesinn esouwéi e Konferenzsall an e Versammlungsraum, fir d'Structures d'accueil eng Bibliothéik, e Liessall an e Foyer, an des Weideren e Fotoslabo an zwee Säll fir Archiven esouwéi eng medezinesch Infrastruktur. Et sief och hei bemierkt, dass d'Sportsinfrastructure, déi bis elo am Gebai G ënnerbruecht ass, och do bleiwe soll. De Sall mat de Vestiairen an de

sanitären Anlage gëtt moderniséiert an deenen aktuelle Besoinen ugepasst. Ausserdem ginn um Site selwer och nach 40 Parkplazen esouwéi e Busquai aménagéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat elo den Aménagement vun deene verschiddene Gebaier ubelaangt, esou gesäit de Projet vir, dass de Collège Vauban an d'Gebai A kënnt, de Lycée Vauban an d'Gebai B, an d'Gebai G behält seng Funktioun, wéi ech virdu gesot hat, als Sportshal.

Wat den Aménagement vun dem Extérieur betrëfft, esou mussen och do verschidde Mängel behuewe ginn, an an der Bautekommissioun war och d'Fro opkomm, firwat dass mer déi al Gebaier net ewech géife rappen an duerch en Neibau géifen ersetzen: Mä well d'Klouschter awer en typesch architektonesche Stil aus dem 19. Jorhonnert besetzt, ass beschloss ginn, den Extérieur an och dat Gebai a senger Integralitéit ze erhalen. An deem ale Klouschter kommen nieft deene bestehende Säll fënnf nei Klassenäil bäi, an et fënn een hei och Gemeinschaftssäll vum Kolléisch a vum Lycée, wéi zum Beispill de Réfectoire, d'Bibliothéik, d'Infirmerie an de Préau. Op den éischte Stack kommen d'Direktioun, d'Administratioun an déi Säll, déi fir d'Sciencë gebraucht ginn. An d'Gebai B kommen ebenfalls Klassenäil an eng Partie Spezialäil, an dat drëtt Gebai bleift fir d'Sportshal erhalen.

Wéi et sech och gehéiert, ginn déi dräi Gebaier duerch Rampen a Lifte behënnergerecht a conforme zu alle Sécherheetsmoosnamen aménagéiert. Den Exposé des motifs an d'Annexé vun deem Projet de loi beschreiwen an allen Einzelheiten de genaue Bauprogramm, d'Architektur, d'Konstruktioun esouwéi den techneschen an och de finanziellen Deel.

Ech wollt awer nach e puer Wuert iwwert de Concept énergétique soen. Fir deenen ekologesche Kriterien ze entspriechen, déi an den Direktiven iwwert d'Isolatioun vun de Bâtiments publics an och am Guide écologique pour la construction et la rénovation des bâtiments publics virgesi sinn, gëtt et eng Duebelverglasung fir an all Fënsteren, d'Fassaden an d'Diecher ginn thermesch ofgedicht, d'Heizung an deene verschiddene Gebaier gëtt erneiert, och an der Sportshal, a komplett iwwerholl. De Chauffage am Gebai A gëtt an eng Zentralheizung ëmgebaut. An an deem Kontext gouf och an der Bautekommissioun d'Fro opgeworf, ob de Lycée Vauban net hätt könne un d'Installation de cogénération vum Lampertsbiërg ugeschloss ginn. Déi Responsabel aus dem Ministère hunn eis gesot, dass de Lycée net déi adequat Installatiounen hätt an dass de Site ze kleng wär fir op deen dote Wee kënnten zréckzegräifen. Et gi Sonnekollektore virgesi mat enger Fläch vu ronn 70 m² a bei der Sportshal gëtt d'Reewaasser och opgefaange fir d'Bewässerung vun de Gréngflächen ze assuréieren.

Am Projet de loi, deen aus véier Article besteet, ass ënnert anerem de Gesamtbetrag vun 13,5 Milliounen Euro festgehalen ginn, deen och net iwwerschrafft därerf ginn, ansonst muss en neie Projet gemaach ginn. An der Bautekommissioun krute mir och vun deene Responsabelen aus der Administration des Bâtiments publics matgedeelt, dass déifgräifend Etüden a Sondagë gemaach goufen, wat d'Transformatioun vun de Gebaier ubelaangt. Well d'Gebaier och elo de Moment eidel stinn, kënnten d'Aarbechte séier virgoen, an et därerf een eigentlech bei dem Embau keng gréisser Iwwerraschungen erliewen. Fir awer all deenen Imprévuë virzebauen, ass och eng Reserv virgesi vu 730.000 Euro am Devis vun de Käschten, deen opgestallt gouf.

Dese Projet iwwert de Réaménagement vum Lycée a Kolléisch Vau-

ban ass net nëmmen néideg fir dass d'Schüler an deene beschtméigleche Konditiounen kënnen ënnerriicht ginn, mä en dréit och zur Promotioun vun eise Land am Ausland bäi, op jidde Fall bei deene Beamten, déi aus dem Ausland hei schaffen. Ech wëll dofir just ee Saz zitéieren wou de Statsrot a sengem Avis seet: „Comme ce projet vise à permettre à des parents, travaillant dans un environnement international et pouvant facilement être mutés d'un pays à l'autre, de scolariser leurs enfants dans une structure internationale qu'ils retrouveront dans leur pays d'origine, il contribue également à favoriser la promotion du pays auprès d'investisseurs étrangers.“

An deem Sënn wëllt ech dann och bieden, de Projet vun der Renovatioun vum Lycée a Kolléisch Vauban ze stëmmen esou wéi mer dat an der Kommissioun gemaach hunn, an ech géif och domat den Accord vun der CSV-Fraktioun bréngen.

Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Éischten Orateur ass den Här Scheuer. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

**Discussion générale**

M. Jos Scheuer (LSAP).- Merci, Här President. Dat hei ass e Projet deen e bëssen aus dem Kader vun haut de Mëtteg fällt. Mir hatten a mir wäerten och praktesch lauter Projeten hunn, déi sech mam Opbau vum Süde befaassen. Elo hu mer emol een, deen an den Zentrum passt, an de Rapporteur ass een aus dem Norden, a bei eis schwätzt een aus dem Osten, dat weist wéi dëst Parlament fir d'ganz Lëtzebuurger Land zoustänneg ass.

Déi Schoul, dee Lycée Vauban, kënnt op eng Plaz wou virdu scho Schoule bestanen hunn. D'American School, déi rausgeplënnert ass, an dann d'École maternelle et primaire française, déi och scho besteet zënter enger Rei vu Joren an déi elo zesumme mat dem Lycée Vauban an d'Avenue de la Faiencerie kënnt. Et ass en absolut sënnavolle Projet an e gudder Projet vun der Konstruktioun hier. Et gëtt op eng exemplaresch Aart a Weis déi bestoend Bausubstanz réaffektéiert an et gëtt renovéiert - et gëtt gehal, wat do war. De Site behält säi Cachet. Ech muss soen, dat ass absolut positiv.

De Lycée Vauban gëtt et zënter 1984. E puer Zuele sinn trotzdeem interessant. Déi 330 Èlven, déi do sinn, begräife 72% franséisch Kanner an 8,5% Lëtzebuurger Kanner. Dee Lycée ass gewuess vun der Grënnung hier vun 190 bis elo op 330. De Projet huet eng Enveloppe budgétaire vun 13.500.000 Euro. Dat ass trotzdeem e Chiffer, dee misst een e bëssen erkläert kréien. Do sinn e puer Froen opstoe bliwwen. Wann een déi Zomm vergläicht mam Investissement an en Neibau: Lait dat méi héich oder lait et méi déif? Wat ass de Volume vun engem Schoulgebaier, de Meter Kipp an engem Schoulgebaier, wat nei gebaut gëtt? Wéi ass de Meter-Kipps-Preis bei esou enger Réaffectatioun? Et ass den übleche Problem, dee sech ëmmer stellt: Neibau oder awer reaffectediert. Vläicht wär et interessant fir do gewuer ze ginn, wéi dee Rapport ass.

Selbstverständlech gi mir eisen Accord zu deem Projet. Ech wëll awer e puer Noten ubréngen. Fir d'éischt am Numm och vun der Partei: Et ass absolut noutwendeg, datt mir zu Lëtzebuerg international Schoulen hunn. Ech hat dat eng Kéier betount am Numm vun der Partei, an zwar virun allem wéi mir d'International School of Luxembourg kommentéiert hunn. Déi sinn noutwendeg. Mä dat kënnt een elo ausbauen. D'International Schoule stellen eng regelrecht Alternativ zum Lëtzebuurger Schoul-